leege mer vun do ënne gewénkt hunn an ech gesinn, ech soll mech op mech selwer verloossen an net op dat, wat ech matgedeelt kréien.

**M. Henri Grethen** *(DP).*- Zumools vun de Kolleege vun der eegener Partei.

**M. le Président**.- Voilà, ganz genau.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Merci, Här President. Ech wollt just, éier ech zum Schluss kommen - an de President gëtt mer nach zwou Minutten - soen, dass een Element extrem wichteg ass an der Diskussioun iwwert de Sida, dass een se net kann op den nationale Plang oder souguer op den europäesche Plang limitéieren.

D'Lutte géint de Sida ass eng, déi sech éischtens op de Beräich Santé an zweetens op de Beräich Kooperatioun, op den nationale Beräich, op den europäesche Beräich an op den internationale Beräich muss konzentréieren an dofir, zesumme mam Kolleeg Jean-Louis Schiltz, hu mer eis während deene sechs Méint, déi mer haten an der Présidence, drop konzentréiert, fir aus dem Sida alleréischt prioritär Themen ze maachen an deene Conseilen, déi mer presidéieren.

Am Conseil vum Développement am Juni wäert de Sida als ee vun den Haaptpunkte stoen. Och am Conseil vun der Santé am Juni wäert de Sida als ee vun deenen Haaptpunkte stoen. An do wou mer wierklech frou doriwwer sinn, um Ofschloss-Sommet wäert de Sida als ee vun de prioritären Theme stoen, well nëmme wa mer gëeent iwwer Santé, iwwer Kooperatioun - wéi den Här Huss och richteg ënnerstrach huet - awierken op déi dote Krankheet, dann hu mer eng Chance se an de Gréff ze kréien.

Well och wa mer déi erfollegräichst Campagnen hei zu Lëtzebuerg hätten, kënne mer déi Krankheet net an de Gréff kréien, ouni d'Haaptinfektiounsherde ronderëm d'Communautéit an an den afrikanesche Länner duerch konsequent Politik ze bekämpfen. An dat ass nëmme méiglech duerch e fräien Accès zu de Medikamenter, duerch Preventioun an d'Bekämpfung vun den Ursaachen, déi dozou féieren, an do haaptsächlech d'Ënnerdréckung vun de Fraen an deene Länner.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wäerten an deenen nächste Wochen den Aktiounsprogramm fir de Kampf géint de Sida finaliséieren a mer hoffen och, dass mer Ënnerstëtzung kréien, fir dann éischt Akzenter an de Budget vum nächste Joer eranzekréien. Well, wann een esou een Engagement mécht, da geet dat sécherlech net ouni déi noutwendeg Mëttelen. Och wa mer an deene leschte Jore ganz vill dran engagéiert hunn, musse mer eis d'Mëttele gi fir méi eng cibléiert Virgangsweis.

An deem Sënn soen ech Iech ee ganz häerzleche Merci an och Merci, dass Der dozou bäigedroen hutt, dass mer eppes Wichteges maachen, dass mer an de Käpp vun de Leit déi falsch Messagë verhënneren, nämlech déi, dass den Aids ze banaliséiere wär, dass en heelbar wär, mä dee richtege Message ginn, dass den Aids nach wie vor eng vun deenen déidlechste Krankheeten ass an dass mer eis deementspriechend musse verhalen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Minister.

Da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, d'Diskussioun vum Projet de loi 5419, eng Konventioun iwwert d'Bekämpfung vum Tubak. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Martine Stein-Mergen, den Här Bettendorf, den Här Huss an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Lydia Mutsch. Madame Mutsch!

## 2. 5419 - Projet de loi portant approbation de la Convention-cadre de l'OMS pour la lutte antitabac, faite à Genève, le 21 mai 2003

***Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale***

**Mme Lydia Mutsch** *(LSAP), rapportrice.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och wann ee Rapporteur ass iwwer ee Gesetz iwwert d'Fëmmen, dann heescht dat net, an dat war och e bëssen den Tenor an der Gesondheetskommissioun, dass een heihinner soll komme fir en Discours ze féieren iwwer Fumeuren oder net Fumeuren. Et heescht och net, dass ee sech méi un d'Adress vun deenen engen oder vun deenen anere soll riichten. An et heescht och net, dass ee soll hei grondsätzlech Iwwerleeungen iwwer Toleranz, Fräiheet, Respekt oder gudde Wëlle féieren, dat gehéiert eigentlech méi an eng Ethikskommissioun wéi an eng Gesondheetskommissioun, a mir si jo als Gesondheetskommissioun hei befaasst mat dësem Projet. An dee Projet huet als Kader eng Konventioun, déi mer haut solle mat eisem Vote ratifizéieren.

Et ass e bëssen eng exceptionell Konventioun, well et ass eng vun der Organisation Mondiale de la Santé, déi hir Base juridique an den Traitéë vun der Europäescher Unioun huet. Et ass e weltwäiten Traité, deen éischten a sengem Genre. An en huet eng erkläerten Absicht, eng duebel: fir Mënscheliewen ze retten a fir Krankheeten ze verhënneren, wann een et ganz global wëllt betruechten.

D'Doktesch Gro Harlem Brundlandt, déi d'Generaldirektioun hat, wou déi Kaderkonventioun 2003 hei zustane komm ass, an déi mir als Lëtzebuerger de 16. Mee 2003 ënnerzeechent hunn, huet et op de Punkt bruecht: «La convention marque un réel tournant dans le domaine de la santé publique. C'est aussi un tournant dans la collaboration internationale à l'heure de la mondialisation. Ainsi, les pays collaborent systématiquement pour protéger la vie des générations présentes et futures.»

Dat ass jo net näischt als Absicht, well ëmmerhi geet et ëm net méi an net manner wéi e weltwäite gemeinsame Gesondheetsplang, deen éischten an deem Genre, ech hunn et scho gesot, deen e gemeinsamen Effort vun alle Länner viraussetzt fir d'Bekämpfung vun engem weltwäite Problem mat fatalen Auswierkungen.

Bis elo hunn 62 vun 168 Länner dës Konventioun ratifiéiert - ech gi vläicht och do nach mat de leschte Chiffere vum Minister liicht korrigéiert, mä et geet awer an déi dote Richtung -, eng Konventioun, déi Auswierkungen huet op ganz vill Beräicher: Gesondheet, Soziales, Sanitärproblemer, wirtschaftleche Kontext an ëmweltpolitesch Problemer, déi domadder verbonne sinn. A wann een tatsächlech d'Ausso mécht, dass een hei e gemeinsamen Effort weltwäit mécht, dann huet een et wahrscheinlech och mat enger Saach ze dinn, déi et justifiéiert firwat een hei mat hir ëmgeet, wéi wa se eng Epidemie wier; vläicht gesi mer et jo och als Epidemie. Well tatsächlech gëtt jo gesot, dass den Tabagisme „la plus grande cause de maladies et de morts évitables" vun eiser Zäit ass.

Chifferen, e puer just: 1,3 Milliarde Fumeure weltwäit, 13.500 Doudeger all Dag, fënnef Millioune Stierffäll elo schonn a wann et esou weidergeet an deem Rhythmus, da sinn et der 2020 zéng Milliounen all Joer, ee vun zéng Erwuessener stierft dodrunner.

Normalerweis, an et läit e bëssen Zynismus an där Ausso, loosse mir eis hei zu Lëtzebuerg jo net mat Zuelen esou beandrocken, déi weltwäit sinn. Ob dat d'Kannerstierflechkeet oder den Honger oder den Tubak ubelaangt, do si mer nawell meeschtens net onheemlech alarméiert dodriwwer, an och hei wann ech gelift den Zynismus berücksichtegen, zumools wann ëm déi 70% vun deene Stierffäll net an eise Breitegraden, mä an den Entwécklungslänner stattfannen.

Dofir, wann dat heiten nach net duergeet, baséiert op den Appel un d'Décideuren, dee mer ufanks des Joers kritt hunn am Numm vun der Fondation luxembourgeoise contre le cancer, déi sech mat enger ganzer Rëtsch vu Milieuen aus dem Gesondheetswiesen zesummegeschloss huet, d'Chifferen hei zu Lëtzebuerg, opgrond vun enger Etüd, déi ufanks des Joers duerchgefouert ginn ass:

Ongeféier 36% vun de Männer hei zu Lëtzebuerg fëmmen, ongeféier 26% vun de Fraen. 5 bis 600 geschätzte Stierffäll, déi reng, awer wierklech reng, op den Tubak zréckginn, ouni déi vill Krankheetsfäll opgrond vum Tubak ze erwähnen. An ee vun dräi Kriibsfäll, dat ass och elo scho gesondheetlech wëssenschaftlech ermëttelt, geet op d'Fëmmen zréck. Oder wann een et nach méi op Jugendlecher wëllt bezéien: bei deene vu 15 bis 17 Joer sinn ëm déi 24% ofhängeg, a bei där Kategorie vun 18 bis 24 Joer 47%. Am Kloertext: Bal al zweete Jugendlechen tëscht 18 a 24 Joer fëmmt méi wéi 20 Zigarette pro Dag.

Oder wann een et nach méi kloer wëllt soen, da bezitt ee sech op eng méi grouss ugeluechten Enquête vun der Weltgesondheetsorganisatioun, déi a verschiddene Länner duerchgefouert ginn ass, zum Beispill och bei eisen däitschen Noperen 2003.

Déi Chiffere sinn eigentlech ëmsou méi dramatesch, well an deene Statistiken, bei deene vu 15 Joer un, sinn en Deel vun hinnen einfach nach guer net mat dran, well do hu mer nämlech Statistiken, dass 10% vun de Jugendlechen, déi tëscht 12 an 13 Joer al sinn, scho Fumeur sinn. 10% vun deene Jonken tëscht 12 an 13 Joer si scho Fumeur an eisem däitschen Nopeschland. Ech kennen d'Chifferen net vu Lëtzebuerg, mä gleeft mer, se sinn net vill aneschters. Dee Chiffer klëmmt op 29% bei deenen, déi tëscht 14 a 15 Joer al sinn, an op 44%, also do komme mer scho gutt erun u geschwënn 50%, vun deenen, déi 16 bis 17 Joer al sinn.

Ech wëll elo net un d'Gefiller hei appeléieren, mä vill vun Iech hu jo Kanner, da wësst Der wat dat bedeit.

An den duerchschnëttlechen Astiegsalter an d'Fëmme läit bei 13,7 Joer.

13,7 Joer, wësst Dir wéi kleng se nach si wa se 13 Joer hunn? Da fänken se ebe schonn u mat fëmmen. An et gëtt och geschat, dass e ganz groussen Deel vun hinnen, an do kommen ech dann nach eng Kéier zréck op déi Chifferen, déi ech hei fir Lëtzebuerg genannt hunn, wa se bis 18 Joer sinn, schonn d'Halschent vun hinnen ofhängeg si vun den Zigaretten, also méi wéi 20 Zigarette pro Dag fëmmen.

Huet dat elo vill mat Loscht ze dinn, mat Fräiheet, mat Respekt, mat Toleranz? Ech weess et net. Well ëmmerhi soen der zwee Drëttel vun hinnen, wa se 18 Joer hunn: „Hätt ech nëmmen ni ugefaangen."

Dat ass vläicht awer eng Ausso, déi mer eis sollten zu Häerz huelen, wa mer déi ganz sentimental Diskussioune ronderëm d'Loscht féieren, loosst se dach gewäerden. Also wann et do ugeet, ech mengen do ass déi doten Diskussioun net appropriéiert, zumools wou och eng ganz Drogeproblematik drunhänkt. Ech wëll domadder beileiwe net d'Ausso maachen, dass all Fumeur herno och bei deene méi haarden Droge lant, mä et ass awer bekannt, dass Tubak eng Astiegsdrog ass, zesumme mat aneren, wéi och den Alkohol beispillsweis. An déi, déi eng klassesch Drogecarrière duerchlafen, fir et mol esou ze nennen, déi hu ganz oft mat béidem kombinéiert ugefaangen.

Dat heescht, et sollt een et och als Drogeproblematik astufen an och net zécke fir dat ze maachen, an doraus ergëtt sech da vill méi wéi eng Diskussioun ronderëm de Respekt oder d'Toleranz, eng Diskussioun iwwert d'Obligatioun, déi mer hunn, an och eng Diskussioun iwwert d'politesch Handlungsprioritéiten.

Dës Kaderkonventioun, wa mer déi haut approuvéieren, dann ass dat méi wéi just soen, elo hu mer eis mol e gudde Kader gesat, mä da sinn dat eng Rei vun Obligatiounen. Et ass virun allem en Engagement, fir d'Approbatioun vun dëser weltwäiter Konventioun, déi zënter Februar en vigueur ass, als Lëtzebuerger aktiv ze begleede - mam Akzent op aktiv - an zweetens fir eis op legislativem Plang déi Instrumenter ze schafen, déi eis et och erméigleche fir aktiv ze ginn.

Ech wéilt nach gären eng Kéier rappeléieren - vläicht ass dat an deene leschte Méint bei den Diskussiounen oft vergiess ginn -, dass mer haut schonn e Gesetz hunn iwwert d'Fëmmen, an zwar e Gesetz vum 24. März 1989, dat ëmgeännert ginn ass de 6. Januar 1995. Et ass e Gesetz «portant restriction de la publicité en faveur du tabac et de ses produits, et interdiction de fumer dans certains lieux».

Firwat vergiesse mer et? Et géing ee mengen, mir géingen elo bei null ufänken. Ëmmerhi steet awer schonn am Kapitel 2, Artikel 9 vun deem Gesetz do ganz däitlech, dass en Deel Fëmmverbuet an de Spideeler gëllt, an de Schoulgebaier, an de Sportshalen, an de Bibliothéiken, an de Muséeën an esou weider an esou fort. Dat ass also elo näischt Dramatesches, wa mer elo nei d'Diskussioun nees ukuerbelen, wéi eng Lieux publics dozou solle gehéieren.

Dat ass wuel och den Hanner-grond, op dee mir eis haut baséieren, mat eisem heitege Wëssensstand, mat deenen Erkenntnisser an der Gesondheetspolitik, déi mer haut hunn - zum Beispill wat d'Kriibsfuerschung ubelaangt, zum Beispill wat déi dramatesch Entwécklung mat ëmmer méi jonke Fumeuren ugeet, zum Beispill wat gesondheetlech nogewise Gefore beim Passivfëmmen op der Aarbechtsplaz sinn, an zum Beispill wat d'Wierkung ass vun deenen ëm déi 4.000 chemesche Substanzen, déi an enger Zigarett enthale sinn, op den Organismus vum Mënsch - an duerch déi mer domat eng Obligatioun hunn, fir eis Législatioun net nëmmen unzepassen an ze ergänzen, mä fir se ganz dréngend ze adaptéieren an nach weider auszebauen.

Et ass e ganze Mix vun Handlungsfelder, déi hei ugeschwat sinn. Zum Beispill de Schutz vun de Mineuren, d'Verbuet vun der Publicitéit, dat zum Deel och schonn am Artikel 4 vum Kapitel 1 vum 95er Gesetz zréckbehale gouf, d'Verfügbarkeet vun den Zigaretten - iwwer Automaten drukommen, an de Geschäfter, wéi gi mer domadden ëm? -, d'Protektioun vun den Nonfumeuren, net nëmmen op der Aarbechtsplaz, d'Präisser vun den Zigaretten, d'Tubakssteier, Stéchwuert Begleedung vun de Fumeure beim Entzuch, d'Roll vun eise Krankekeese beispillsweis an och d'Produktreguléierung a vill anerer nach.

Wat de legislative Kader betrëfft besteet also Handlungsbedarf, an zwar dréngenden Handlungsbedarf, wat gläichzäiteg heescht, dass dann och en dréngenden Diskussiouns- an Handlungsbedarf ass fir ënnereneen eng kloer Positioun ze kréien. De Minister huet jo schonn zesumme mat aneren Acteuren domat ugefaangen an dat ass och richteg esou.

Mir brauchen also eng Rëtsch vun Adaptatiounen zu eiser Législatioun. Mir brauchen awer och eng Rei vun neie Gesetzer, zum Beispill e Gesetz iwwert d'Steier- an d'Präispolitik am Ëmgank mat den Tubaksproduiten. Do sollte mer oppassen, dass mer bei Adaptatiouns- a Kompensatiounsfroe keng falsch Akzenter setzen, weder gesondheetspolitesch nach sozialpolitesch - Stéchwuert Index. Hei musse mer Kohärenz beweise bei deenen Décisiounen, déi mer huelen, soss kann dat nees genee an de Géigendeel vun deem ëmfalen, wat mer eigentlech gären hätten.

Da brauche mer och e Gesetz iwwert d'Restrictiounen an d'Verbuetsbestëmmungen, wat d'Vente vun de Produiten ubelaangt, virun allem och bei deene Keefer, déi vun eise Grenzen aus erakommen. Do hänkt jo e ganze wirtschaftleche Pilier un där Vente drun. Dann och e Gesetz iwwer repressiv Mesurë géint de Commerce illicite an d'Surveillance vum Commerce transfrontalier. Do musse vill Ministèren zesummeschaffen: d'Santé, den Intérieur, d'Finanze mat der Douane, d'Justiz an esou weider.

Dann d'Interdiction de la vente aux mineurs - dat ass en élaboration krute mer scho gesot - oder och Reglementatiounen iwwert d'Publicitéit an de Parrainage, wou mir jo déi nei Direktiv ofwaarden, déi am Moment nach blockéiert ass duerch d'Interventioun vun eisen däitschen Noperen, oder och d'Responsabilité pénale et civile, déi et am Detail ze definéiere gëllt. Ech hunn elo mol nach net geschwat vun deem ganze Volet Etiquetage an Information du public, Sensibilisation an esou weider an esou fort.

D'Zeeche stinn also - an da sinn ech scho bal um Schluss ugelaangt - eindeuteg an och onausweechlech op Ännerung vun der aktueller Législatioun, net zulescht och dofir dass dës Ratifikatioun haut um Ordre du jour steet. Et kënnt also zu enger Ausdehnung, enger obligatorescher Ausdehnung vun de Restrictioune fir d'Publicitéit an et kënnt och zu enger Ausdehnung vun der Interdiction de fumer dans certains lieux. Dat ass elo scho sécher.

Wann et nom Wonsch vum Statsrot geet, da ginn dës Bestëmmunge wäit a se bezéien sech net nëmmen op eng ganz Rëtsch vu Lieux publics…

**M. le Président**.- Madame Rapportrice, ech bieden Iech elo zum Schluss ze kommen.

**Mme Lydia Mutsch** *(LSAP), rapportrice.*- Jo.

…, mä och op Caféë beispillsweis. Mir sollten also net vergiessen, dass den Handlungssputt ganz grouss ass.

Ofschléissend eng perséinlech Appréciatioun.

Ech si fest dovunner iwwerzeegt, dass et op Grond vun dëser Convention-cadre an deene Gesetzer, déi nach drunhänken, weder zu engem Volleksopstand kënnt, wat d'Ëmsetzung ubelaangt, nach zu engem Polizeistat, wat d'Kontroll ubelaangt - well et ass net vill Police an de Fligeren - oder och zu enger wierklecher Polariséierung vun zwou Gruppen, déi sech eigentlech géigeniwwerstinn. Dat war net esou an der Gesondheets-

kommissioun, an ech sinn dovunner iwwerzeegt, dass dat och net an dësem héijen Haus wäert esou sinn.

Op alle Fall géing ech am Numm vu menger Fraktioun den Accord fir dës Convention-cadre mat op de Wee ginn.

**M. le Président**.- Merci, Madame Rapportrice. Als éischt Riednerin ass d'Madame Martine Stein-Mergen ageschriwwen. Madame Stein, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**Mme Martine Stein-Mergen** *(CSV)*.- Merci. Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, am Numm vun der CSV-Fraktioun wëll ech fir d'éischt der Rapportrice villmools Merci soe fir hire gutt recherchéierte Rapport, deen alleguerten d'Facettë vun de Konsequenze vun der OMS-Kaderkonventioun beliicht. Ech wëll dofir just nach op e puer Aspekter agoen, déi ons wichteg schéngen.

D'Diskussioun an dësem Thema ass wéi all Diskussioun ëm Themaen, déi vill Leit direkt betreffen, an der Öffentlechkeet zimlech ondifferenzéiert gefouert ginn. Och dovunner huet d'Rapportrice scho geschwat. Ëmmer erëm gouf jiddferengem seng Fräiheet ugefouert, fir ze fëmmen oder net. Or, d'Theorie, dass et jiddferengem selwer iwwerlooss ass ze fëmmen oder net, an dass jiddferengem seng perséinlech Fräiheet direkt betraff wier, ass an zwou Hypotheese falsch.

Déi éischt Hypothees ass déi, dass nëmmen deen eng fräi Décisioun hëlt, wann en am volle Wësse vun alle Konsequenzen handelt. Déi zweet Hypothees ass déi, dass jiddferengem seng Fräiheet do ophält, wou deem anere seng ugeet.

Fir d'éischt zur éischter Hypothees. Eng wierklech fräi Décisioun kann also nëmmen deen huelen, wann een am Wësse vun alle Konsequenze steet. Or, dat ass bei deene meeschten Tubaksofhängegen net de Fall. Den Alter an deem Jugendlecher, jo Kanner, den éischte Kontakt mat der Zigarett hunn - mir hunn et jo elo grad héieren, 13 Joer an e puer Méint -, ass leider nach ëmmer amgaangen erofzegoen.

Elo ass et zwar e Fait, dass d'Kanner an der Schoul duerchaus iwwert d'Geforen am Zesummenhank mam Fëmmen informéiert ginn. Hei muss een och eng Kéier ervirsträichen, dass zum Beispill d'Association contre le cancer bei deene Jonke mat hirer Smokebusters-Campagne ganz staark present ass. Mä wann een esou jonk ass, da weist een d'Konsequenzen, déi jo och eréischt vill méi spéit optrieden, ganz wäit vu sech.

Wat kraazt een - fir an hirem Slang ze bleiwen - 14-Jährege, dass hie vläicht a 40 oder 50 Joer eng Gefässkrankheet oder Kriibs ka kréien? Den Image vun dëse Krankheeten ass dee vum héijen Alter, a Gott sei Dank si se dat jo och majoritär. De Marlboro-Cowboy ass zwar u Longekriibs gestuerwen, mä hie war jo och schonn al. Fir si ass et also wichteg, dass net nëmmen déi negativ Konsequenzen ugeschwat ginn, mä dass déi positiv Messagen, déi se aus der Publicitéit kréien, ënnerbonne ginn.

Vläicht mussen ons Informatiounscampagnen an de Schoulen och nach e bësse méi dissuasives ginn, e bësse méi realistesch nach, fir hinnen d'Loscht um Fëmmen ze huelen. Firwat sollten si net zum Beispill e Patient mat enger Folgekrankheet kenne léieren, ee mat enger Laryngectomie? Dat sinn déi Leit, déi kee Kehlkopf méi hunn. Oder een, deen de ganzen Dag un enger Sauerstoffbomm hänkt? Dat wier vläicht méi reell an ofschreckend. Ech sinn iwwerzeegt, dass sech och fräiwëlleg Patiente géife fannen, fir deen Exercice matzemaachen.

Et ass awer e Fait, dass de Mënsch sech virun esou Messagë schützt. Säit et déi ellen Ziedelcher op den Zigarettepäck gëtt, gëtt et och Pochetten ze kafe fir d'Zigaretten dranzemaachen, dass een d'Ziedelcher net méi gesäit.

E weidere Message, deen een der Jugend muss nobréngen, ass dee vun der Sucht. Mir hunn am Zesummenhang vum Fënnefjoresplang zur Suchtpreventioun rezent doriwwer geschwat. Tubak oder all déi Stoffen, déi dem Tubak zougesat ginn, biergen en extrem héicht Suchtpotential. Jugendlecher sollte wëssen, ier se den éischte Pak Zigarette kafen, dass et eng Sucht ass, egal ob dat op Tubak, Alkohol oder illegal Drogen ass.

All Mënsch huet individuell eng aner Äntwert op dëst Suchtpotential vun deem Stoff. Déi eng si kloer méi a Gefor wéi anerer. Och wat den Entzuch ubelaangt, sinn déi individuell Reaktioune verschidden - deenen enge geléngt et opzehalen, deenen aneren net.

Mir sinn haut an der Medezin à même deem Patient, dee wëllt ophale mat fëmmen eng gewëssen Hëllef unzebidden. Dëse Mechanismus fonctionnéiert iwwert dat perséinlecht Bild, wat all Mënsch sech iwwer säi perséinleche Gesondheetszoustand a säi Liewenswandel mécht.

Wéi gëtt dëst Bild vermëttelt? Mir hu scho geschwat vu senger eegener Perséinlechkeet a sengem eegene Suchtpotential, et spillen awer och eng Rei äusserlech Facteure mat.

D'Meenung an de Modell vun der Famill, vun de Kolleegen a Frënn, d'Rollemodeller an der Gesellschaft, den Afloss vun der Educatioun an déi Wäerter, déi si vermëttelt, mä och déi öffentlech Meenung, wéi si sech zum Beispill dozou stellt op öffentleche Plazen ze fëmmen, beaflosst deen Eenzelnen. Aus all dësen Informatioune rechent jidderee sech säi perséinleche Risiko aus a gëtt doduerch méi oder manner staark motivéiert säi Verhalen ze veränneren.

Ausléiser zu dëser Verhalensännerung sinn - mir nennen et an der Verhalensfuerschung „triggers of change" - verschidde Momenter. Zum Beispill wann een aus dem Frëndeskrees krank gëtt, oder bei de Fraen ass et oft dann, wa si déi éischt Falen entdecken oder zum Beispill wann de Präis fir den Tubak spierbar an d'Luucht geet an ee vläicht muss op eppes aneres verzichte fir seng Zigarett ze kafen. Wann dëse Moment dann do ass, dann ass et un de Professionellen ze profitéieren an dem Patient bäizestoe bei sengem Entzuch.

An der Formation spécifique vun de Generaliste gëtt et säit den 90er Jore Modulë vun Tabacologie. Den Dokter léiert wéi e sengem Patient esou effikass wéi méiglech kann hëllefen. Hie muss déi richteg Argumenter hu wann hie mierkt, dass de Patient zeideg ass fir den Entzuch ze riskéieren. Och vu verschiddenen Associatioune gi ganz vill Coursën ugebuede fir deenen Tubaksofhängegen ze hëllefen, mä ophale muss natierlech nach ëmmer jidderee selwer.

Ech wëllt nach eng Kéier ganz kuerz op den Afloss vum Tubakspräis op d'Fëmmverhale vun deene Jonken agoen. Den Haut Comité d'experts cancérologues, huet a sengen Helsinki-Recommandatioune schonn 1996 gesot: «Il est prouvé que les augmentations de prix dissuadent de fumer, surtout en ce qui concerne les enfants. Pour que cet effet soit maintenu, les prix doivent être augmentés régulièrement.»

D'Spezialiste roden zu enger europäescher Harmoniséierung vun der Steierpolitik a Richtung op en héije Verkafspräis. Doriwwer eraus proposéiere si awer och eng Limitatioun vun der Vente u Jugendlecher a si géint de Self-service an Automate fir Tubaksprodukter. Dës sënnvoll Mesure gëtt vun der Konventioun préconiséiert a mir wäerten se da sécher och deemnächst an engem Gesetzesprojet erëmfannen - d'Rapportrice huet schonn dovunner geschwat.

Ech mengen, mir hate mat dësen Ausféierunge gewisen, dass de Begréff vun der fräier Décisioun unzefänken ze fëmmen, staark muss relativéiert ginn. D'CSV-Fraktioun ass iwwerzeegt, dass eng ganz Rei gesetzlech a reglementär Mesuren amstand si ville Jonken ze hëllefen net unzefänken.

Ech wëll do nach kuerz iwwert déi zweet Hypothees schwätzen an där d'Kritiker vun der Conventioncadre Onrecht hunn. Wou deem Nächste seng Fräiheet ugeet, hält engem seng eege Fräiheet op. D'Philosophie ass et eben net deem Eenzelne seng Fräiheet anzeschränken, mä d'Recht vun deene Leit, déi net fëmmen, ze garantéieren. Si sollen den Nuisancë vum Passivraachen net ausgesat ginn. Dass dat schiedlech ass, ass eendeiteg, an dat huet schliesslech dozou gefouert, dass d'Populatioun, déi net fëmmt, no Moossname freet, fir vum Législateur dergéint geschützt ze ginn. Et ass ze diskutéieren, awéiwäit mer do dem Beispill vun Irland an Italien noginn d'Fëmmen op öffentleche Plazen ze verbidden.

Mä ech stelle mer awer nach eng aner Fro: Wéi ass et bei de Leit doheem? Wann een dovunner ausgeet, dass een no enger Stonn an engem Bistro duerch Passivfëmme geschiedegt ginn ass, wéi ass et da mat schwangere Fraen, déi fëmmen? Wéi ass et mat de Kanner an engem Stot, wou andauernd den Damp an der Loft hänkt? En Embryo kritt bei engem Strapp Zigarett vun der Mamm Häerzklappen, dat ass bewisen. Kanner aus engem Stot, wou gefëmmt gëtt, hunn erwisenermoosse méi oft Asthma. Och hei gëllt et unzegräifen an d'Argument vun der Gesondheet vun de Kanner rifft no enger Iwwerleeung, awéiwäit een duerch Campagnë méi speziell kann Elteren oder zukünfteg Eltere sensibiliséieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesondheetsminister Johny Lahure huet am Joer 1994 e Wäissbuch iwwert d'Gesondheet zu Lëtzebuerg erausginn. Dëst Buch war en interessante Bäitrag d'Couranten an allen Domäne vun der Santé eemol festzehalen an op dëser Basis Ugréffspunkter ze definéieren a Strategien ze entwéckelen. Ech sinn iwwregens iwwerzeegt, dass net nëmmen d'Gesondheetsberuffer, mä och d'Politiker sech géifen iwwer eng nei Oplag vun dësem nëtzlechen Instrument freeën.

Firwat ech awer dovunner schwätzen, dat ass, well d'Buch eng flott Statistik enthält iwwert d'„années de vie perdues". Dat sinn déi Jore bis 65 Joer, déi déi Leit net erliewen, déi fréizäiteg stierwen. Am Ganze waren dat zum Beispill 1990 13.675 Joer bei 941 Doudesfäll. Et ass ënnersicht ginn, wat d'Ursaache fir dës „années de vie perdues" waren an hei schléit de Kriibs mat 22,8% zu Buch, d'Gefässkrankheete mat 13,8% an d'Otemweeskrankheete mat 2,7%. Dat maachen zesummen 39,3% vu Krankheeten, déi zu engem grousse Deel dem Fëmmen zouzerechne sinn. Dës Zuele sollen eis dann encouragéieren d'Anti-Tubak-Konventioun vun der OMS sou séier wéi méiglech ze ratifizéieren.

An am Intérêt vun der Santé publique géif ech lech heimadder och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi bréngen. Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Madame Stein. Als nächste Riedner ass den Här Niki Bettendorf agedroen. Här Bettendorf, Dir hutt d'Wuert.

**M. Niki Bettendorf** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut geet et am Prinzip ëm d'Unhuele vun der OMS-Konventioun fir de Kampf géint den Tubak. Domat hu mir als Demokratesch Partei guer kee Problem, well si ass vu Lëtzebuerg de 16. Juni 2003 ënnerschriwwe ginn an dat ënnert engem DP-Gesondheetsminister, dee Carlo Wagner geheescht huet, an enger Ausseministerin, déi d'Lydie Polfer war.

Mir hunn der Rapportrice, der Madame Lydia Mutsch, hire Rapport an der Santéskommissioun eestëmmeg guttgeheescht an ech soen der Rapportrice och Merci fir hiren exzellente Rapport.

Eis Diskussioun vun haut dréint sech awer genausou vill ëm dem neie Gesondheetsminister säin ugekënnegt neit Gesetz. Ech gesinn dofir eisen Débat vun haut och e bëssen als en Débat d'orientation un ebe fir da kommend Gesetz - dat am Géigesaz zu der Madame Rapportrice.

Jiddereen, ob e fëmmt oder net fëmmt, weess hautdësdags, datt den Tubak der Gesondheet schuet. Een dee fëmmt ass sech bewosst, datt hie senger Gesondheet keen Déngscht erweist. Et kann haut kee méi kommen a behaapten hien hätt net en connaissance de cause gefëmmt. D'Risikoen an d'Gefore si säit längerem bekannt an d'Sensibiliséierungscampagnë lafe scho säit Joren a gi mat der Zäit ëmmer méi schlagkräfteg. Sou sollen an der Zukunft net nëmmen Texter op den Zigarettepäck ze liese si wou op d'Geforen higewise gëtt, mä et sollen och ofschreckend Fotoen op d'Päck derbäikommen - d'Madame Stein huet eis elo grad erkläert, dass et haut awer och scho Pochettë gëtt, wou een déi Päck dann erëm kënnt doranner verstoppen.

Déi bescht Method fir perséinlech dem Tubaksproblem, dat heescht der Tubaksofhängegkeet aus dem Wee ze goen, ass déi, fir iwwerhaapt net mat Fëmmen unzefänken. Et gëtt der och déi schonns bei der éischte Kéier därmoossen den Dégoût an d'Fëmme kréien, datt si duerno hiert Liewe laang keng Zigarett méi upaken. Dat ass awer nach laang net ëmmer de Fall an eng héich Unzuel vu Leit kommen net méi oder ganz schwéier vum Tubak lass.

Dorauser ergi sech folgend Erkenntnisser:

- Haaptsächlech muss eis Jugend sensibiliséiert an informéiert ginn; an dat huet bis haut net richteg geklappt. Déi meescht Fëmmerte fänken am ganz jonken Alter mam Tubakkonsum un. Am Rapport steet, datt d'Unzuel vun deene méi jonke Fëmmerten och nach haut ëmmer zouhëlt. Mir mussen also weider Effortë maache fir ze verhënneren, dass eis jonk Matbierger an d'Tentatioun komme fir iwwerhaapt unzefänken ze fëmmen.

- Déi, déi schonns ugefaangen hunn, musse mer dovunner iwwerzeegt kréien, sou fréi wéi méiglech opzehalen; wat éischter wat besser. An deem Kontext ass och e Verkafsverbuet u Jugendlecher ënner 16 Joer ze begréissen.

- Déi Tubaksofhängeg mussen och an hiren Efforten, fir hirer Sucht lasszeginn, ënnerstëtzt ginn.

De Rapport seet eis, datt ronn 50% vun deenen déi fëmme wëllen ophalen, woubäi 33% näischt an deem Sënn wëllen ënnerhuelen. Ech kéint mer virstellen, datt ënnert deenen 33% eng Majoritéit vu Jonke sinn, déi d'Fëmmen nach net als problematesch emfannen. D'Demokratesch Partei ass der Meenung, dass d'Substitutiounsmëttele wéi d'Nikotinspatchë sollte vun der Krankekeess rembourséiert ginn.

Wat mir besonnesch opfält ass, datt ëmmer méi jonk Meedercher ufänken ze fëmmen, duerch d'Groussgaass trëppelen an den Damp esou richteg déif an d'Long eranzéien. Wéi nennt een dat? Égalité des chances.

Misst een net dëse jonke Meedercher kloermaachen, wat dat fir hir spéider Kanner mat sech brénge kann? An et wier vläicht och gutt wann och Fraenorganisatioune sech géifen hei vehement zu Wuert mellen.

Här President, erlaabt mer hei awer och, virun enger Stigmatiséierung vun de Fëmmerten an eiser Gesellschaft ze warnen. Domadder léist ee kee Problem. Et ginn der héchstens neier geschafen. Beim Cannabiskonsum zum Beispill gëtt et esouguer Politiker hei am Haus, déi dat banaliséieren. An déiselwecht verdäiwelen den Tubak. Fir mech bleift eng Drog eng Drog an…

**M. François Bausch** *(DÉI GRËNG)*.- Wien ass dat?

**M. Niki Bettendorf** *(DP)*.- Oh, et sinn der souguer vun Ärer Facultéit, et waren der ganz staark dobannen.

***(Interruption)***

Jo.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

**M. François Bausch** *(DÉI GRËNG)*.- Ech géif den Här Bettendorf bieden opzehalen ze polemiséiere mat esou engem eeschte Sujet wéi deem doten an enger Fraktioun heibannen ze ënnerstellen, wann et ëm Droge géing goen, hei géing eng Fraktioun oder een hei am Parlament d'Drogeproblematik banaliséieren.

***(Interruption)***

Här Bettendorf, schwätzt hei zum Sujet wann ech gelift a schwätzt hei net iwwer aner Saachen.

***(Brouhaha général et interruptions diverses)***

***(Coups de cloche de la Présidence)***

**M. le Président**.- Här Bausch, loosst elo den Här…

**M. Carlo Wagner** *(DP)*.- Den Här Bettendorf huet zum Cannabis geschwat an net zu den Drogen am Allgemengen, an duerfir fannen ech déi Interventioun do super déplacéiert, Här Bausch!

***(Coups de cloche de la Présidence)***

**M. Niki Bettendorf** *(DP)*.- Här President, ech muss lech soen, ech sinn net gewinnt als Politiker ze léien, mä ech kennen anerer, déi dat regelméisseg maachen.

***(Interruptions)***

**M. le Président**.- Berouegt lech elo all an den Här Bettendorf fiert weider.

**M. Niki Bettendorf** *(DP)*.- Et brauch een och net ze pauschaliséieren. Et ginn déi sou genannte Ketteraucher. Anerer fëmmen nëmme geleeëntlech. Déi eng fëmme well se d'Gefill hunn, ouni Tubak géif et net méi goen. Anerer fëmmen heiansdo, well se dat als e klenge Plëséier emfannen.

Ech mengen d'Kaderkonventioun vun der Weltgesondheetsorganisatioun, déi mer haut ëmsetzen, huet och net d'Verdäiwelung vun de Fëmmerten am Sënn. Hei gëtt villméi de politesche Wëllen ausgedréckt, fir progressiv den Tubakskonsum weltwäit ze reduzéieren.

Ech brauch hei net op all Eenzelheete vun der Kaderkonventioun anzegoen, well déi sinn aus dem Rapport vun der Madame Lydia Mutsch kloer ervirgaangen.

Ech wëll awer och déi Beschëllegungen, déi eise Gesondheetsminister, den Här Mars Di Bartolomeo, hei virun e puer Wochen der DP an dësem Dossier gemaach huet, zréckweisen. Mir brauchen eis hannert kenger Tubakslobby ze verstoppen. D'DP steet voll a ganz hannert dëser OMS-Konventioun a wäert déi och haut stëmmen.

Mir warnen awer virun engem Sträit Fëmmert/net Fëmmert. D'Kaderkonventioun gesäit vir, datt déi verschidde Signatairë méi wäit kënne goe wéi et vun der OMS festgehale gouf.

D'Demokratesch Partei ass der Meenung, datt och hei de Proportionalitéitsprinzip sollt ugewannt ginn: Méi wäit Jo; ze wäit Neen. Den Artikel 6 énoncéiert finanziell a steierlech Mesuren - ech komme vläicht nach drop zréck, Här Minister -, déi an deenen eenzelne Länner kënne geholl ginn. Am Kloertext heescht dat, datt en Eropsetze vum Tubakspräis an d'Ae kéint gefaasst ginn, fir d'Demande ze drosselen.

Effektiv kënnen héich Präisser ofschreckend op potentiell Fëmmerte wierken. Déi, déi schonns ofhängeg sinn, wäerten awer wuel kaum vun esou Mesurë profitéieren. Dëslescht huet e franséische Student um Radio gesot, vu datt de Pak Zigaretten elo esou deier wier, géif hien elo keng méi kafen. Hie géif elo nëmmen nach Zigaretten heesche goen.

Ech wëll niewebäi nach bemierken, dass d'Accisen op den Zigaretten dem Lëtzebuerger Stat ronn 25 Milliounen Euro am Joer 2002 abruecht hunn. 2003 sollen et der 33 Millioune gewiescht sinn a fir 2004 waren et der 57 Milliounen. Hei kann eng ähnlech Diskussioun wéi déi vum Tanktourismus gefouert ginn.

Wann de Lëtzebuerger Stat esou vill méi Accisen erakritt, dann ass dat net, well mir Weltmeeschter am Fëmme sinn, mä well mat eise Präisser d'Camione vun Tubak an Zigaretten iwwert d'Grenze ginn. Ech krut dëslescht eng Invitatioun fir e Fousstour an den Hautes Fagnes. De Präis vum Mëttegiesse war net an Euroen uginn, mä et konnt ee säi Mëttegiesse mat enger Staang Boule-d'Or-Filter bezuelen, och mat Lëtzebuerger Steierbännercher. Ech weess, hei kënnt op eis politesch Responsabel nach ganz vill Aarbecht duer.

Här President, ech kommen elo zum Schutz virum Tubaksdamp op der Aarbechtsplaz oder an öffentleche Gebaier. Wat de leschte Punkt ubetrëfft, dee vun de Lieux publics intérieurs, esou besteet e Fëmmverbuet schonns säit 1989. Allerdéngs gëtt dat Fëmmverbuet net iwwerall agehalen. Esou zum Beispill hei an der Chamber, oder ass ons Chamber keen öffentlecht Gebai?

***(Interruption)***

Wa mer also en neit Gesetz kréien, da muss et eent si wat Kapp a Fouss huet. Jo, mir hunn och ënnert ons Tubaksdrogéierter, an ech géif déi net virun d'Trap oder virun de Palais oder hei virun d'Chamber fëmme schécken, mä ech géif an der Chamber e Raum schafe wou ka gefëmmt ginn.

Da kommen ech zu de Lieux de travail intérieurs. D'Gesetz vum 6. Januar 1995, wat dat vun 1989 ëmgewandelt huet, mécht eng Oplëschtung vun deene Plazen, wou et verbueden ass ze fëmmen. Op dëser Lëscht sinn d'Restauranten an d'Caféen net drop. Elo kënnt ëmmer méi d'Meenung op, de Statsrot seet dat och, do misst och elo Fëmmverbuet gëllen.

D'Demokratesch Partei ënnerstëtzt all Mesuren, déi zu engem bessere Schutz virum Tubaksdamp bäidroen, wéi et d'Kaderkonventioun jo och virgesäit. E bessere Schutz heescht awer net onbedéngt, datt iwwerhaapt net däerf gefëmmt ginn oder keen Zigarettendamp méi däerf toleréiert ginn. Et gëtt och nach manner radikal Léisunge wéi déi, déi de Gesondheetsminister schonns ugekënnegt huet. Vun engem totale Fëmmverbuet an de Restaurante war ufanks Rieds, wéi et schonns an Irland an an Norwegen applizéiert gëtt. Am Mäerz dunn huet et an enger Äntwert op eng parlamentaresch Ufro vum Claude Meisch geheescht: «des espaces fumeurs bien séparés pourraient être aménagés sous des conditions à définir».

Ech erënneren hei gären drun, datt d'Fëmmverbuet, conformément zum Gesetz vum 6. Januar 1995, net operluecht ka ginn „dans les fumoirs spécialement aménagés à cette fin par l'exploitant des lieux".

D'Demokratesch Partei ass kloer géint en totalen a radikalen an direkte Fëmmverbuet an de Caféen a Restauranten. Et handelt sech hei net ëm öffentlech Raimlechkeete wéi eng Post oder eng Gare. Et handelt sech och net ëm e Büro. Et handelt sech ëm e Lieu de rencontre, wou een net muss higoe wann een net wëllt, ausser awer d'Personal wat do schafft. Ech weess wat Passivfëmme bedeit, wor ech dach 25 Joer laang vun null bis 25 Joer an enger Wiertschaft, wou et ëmmer schwaarz vun Damp war, a meng Mamm huet no 45 Joer Wiertsfra fënnef Joer gebraucht, bis si erëm clean war.

D'DP wäert sech och an der Zukunft dofir asetzen, fir datt d'Recht vun den net Fëmmerten op propper Loft besser zur Geltung kënnt. Mir sinn nach wie vor der Meenung, an do hu mer eis Meenung vu virun de Wahlen net geännert, och wann hei probéiert ginn ass virun e puer Wochen dat op eng polemesch Aart a Weis ze demonstréieren. De Gesondheetsminister huet hei e Saz aus engem klengen Text virgelies, dee scheinbar aus enger DP-Enquête ervirgaange wier. Dobäi huet et sech ëm eng Äntwert op eng Fro vun enger Privatpersoun iwwer Email gehandelt.

Mir hu gesot, Här Minister: „Unter DP-Gesundheitsminister Carlo Wagner wird im Rahmen der Gesundheitserziehung der Tabakkonsumbekämpfung eine große Bedeutung angemessen. Erinnern wir an die verschiedenen Anti-Tabak-Kampagnen, die vom Gesundheitsministerium gestartet wurden.

Allgemein sind wir ebenfalls der Meinung, dass das Recht der Nichtraucher auf saubere Luft besser geschützt werden soll. Besonders an öffentlichen Stellen muss das Rauchverbot gemäß dem Gesetz aus dem Jahre 1989 strenger angewendet werden. Restaurants sind eigentlich nicht mit öffentlichen Stellen („lieux publics") gleichzustellen. In Restaurants oder am Arbeitsplatz sollten systematisch zum Schutz der Nichtraucher rauchfreie Zonen die Regel darstellen, die abgegrenzt von Rauchzonen sein sollen.

Rauchfreie Zonen dürfen nicht einfach nur als eine Ausnahme oder Luxus gelten; es sollen keine rauchfreien Inseln im Sinne einer Begünstigung (sprich Extrawurst) für Nichtraucher eingerichtet werden, sondern die Raucherzonen müssten zur Ausnahme werden. Es gilt allerdings eine friedliche Koexistenz zwischen Rauchern und Nichtrauchern anzustreben. Eine Politik zum Schutz der Nichtraucher darf nicht zu einer Hexenjagd gegen Raucher ausarten, auch darf das Rauchen nicht wie teilweise in den USA kriminalisiert werden."

Dat hu mir viru ronn zwee Joer gesot, an déi Meenung vertriede mir nach haut. D'Schafe vu méi fëmmfräien Zonen ass ze encouragéieren, wa méiglech getrennt mat enger adequater Entlüftung fir Fëmmzonen, sou datt och d'Personal méiglechst propper Loft kann anootmen.

Mir leeën awer weiderhi Wäert op eng friddlech Koexistenz zwëschen Tubakskonsumenten an net Tubakskonsumente nom Motto: „Meng Fräiheet hält do op, wou deem anere seng ugeet." Dat gëtt elo hei fir d'drëtt gesot.

Wann ech dëse Saz aus eisem liberale Manifest vu viru méi wéi 12, 13, 14 Joer zitéieren, dann ass dat well ech mengen Oueren net konnt gleewen, wéi den Här Mars Di Bartolomeo dësen Text op der Televisioun auswendeg virgedroen huet a fir sech an Usproch geholl huet. Ech hätt net gemengt, dass hien op esou excellent DP-Literatur géif zréckgräife fir de Leit seng Politik ze explizéieren.

**Une voix**.- Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Dir hutt de Message vun de leschte Wahlen nach net verstan. Mä ech wäert lech en awer an Erënnerung ruffen, de Message vun deene leschte Wahlen.

**M. Niki Bettendorf** *(DP).*- Här President, ech weess, Dir sidd mat mir eens, zu enger Hexejuegd däerf et net kommen.

D'DP kritiséiert och weiderhin, datt elo per Gesetz vun uewen erof soll ee Verbuet imposéiert ginn. Firwat net méi Vertrauen an d'Horesca hunn? Firwat net dem Beispill vun Holland, Éisträich oder Däitschland folgen an op de Wee vun engem Accord goen? Wat Rout/Gréng an Däitschland fäerdeg bréngt misst dach och am klenge Lëtzebuerg méiglech sinn.

Misst hei net nom Prinzip vun der Subsidiaritéit gehandelt ginn, an der Horesca d'Chance gi ginn déi Saach an de Gréff ze kréien? Am Rapport steet 70% vun den Employeuren am Horeca-Secteur wäre géint ee Fëmmverbuet. D'Horesca selwer seet an hirer Publikatioun vum Mäerz, et wieren 80%, déi dogéint wären.

Déi concernéiert Leit fäerte ganz einfach, datt si een net négligeablen Deel vun hirer Clientèle verléieren. Si sinn awer bereet Efforten ze maachen, fir datt déi Leit, déi net fëmmen - an dat ass statistesch gesi jo ëmmerhin d'Majoritéit -, besser geschützt ginn.

Här President, erlaabt mir nach eng Kéier op deen Accord zréckzekommen, deen den 1. Mäerz 2005 zwëschent der Dehoga (deutscher Hotel- und Gaststättenverband) an dem Bundesministerium für Gesundheit und Soziale Sicherung zustane komm ass.

Heivu concernéiert sinn all Betriber an Däitschland, déi regelméisseg lessen zerwéieren an iwwer 75 m² respektiv 40 Sëtzplazen hunn. Bis zum 1. Mäerz 2006 solle mindestens 30% vun deene Restaurateuren 30% vun hire Raimlechkeete fir net Fëmmerte reservéieren. Dat Joer dorop sollen et 60% vun de Restaurateure sinn, a 40% vun de Raimlechkeeten, a bis zum 1. Mäerz 2008 solle mindestens 90% vun de Restauranten ee Minimum vu 50% vun hire Raimlechkeeten den net Fëmmerte reservéieren. Dozou gehéiert natierlech eng adequat Kennzeechnung.

Ech wëll dat Dokument vun der Dehoga hei an der Chamber deponéieren, fir dass et och deenen aneren Deputéierte kann zougestallt ginn. D'Demokratesch Partei fuerdert de Gesondheetsminister op, dach och op de Wee vun esou engem Accord ze goen amplaz vun enger gesetzlecher Zwangsjackett.

Ass esou ee Gesetz net dach awer een Agréff an déi individuell Fräiheet vum Eenzelnen? Wie soll dann d'Anhale vun esou engem Gesetz kontrolléieren, d'Police oder den Agent municipal? Dat ass e ganz wichtegen, e springende Punkt. Wie verbaliséiert? Wie gëtt verbaliséiert? De Client? De Wiert? Ech weess et net! Ech mengen, mat Knëppele fänkt ee keng Vullen. Mir sollen eis nom däitsche Muster een Zäitraum ginn an deem mir den Idealfall wëlle realiséieren.

Näischt verhënnert ee Restaurateur a senger Entrée ze affichéieren, dass bei him am Restaurant net gefëmmt gëtt. Dat gëtt et schonns op verschiddene Plazen hei zu Lëtzebuerg.

Zu der Konventioun, déi mir mat eisem Gesetz vun haut an d'Lëtzebuerger Recht ëmsetzen, wëll ech awer nach kuerz rappeléieren, zu wat mir eis mat der Ënnerschrëft vun der Konventioun engagéiert hunn. Do si véier Punkten: „l'obligation d'information", ee staarke politeschen Engagement, international Kooperatioun, a véiertens - an do läit wierklech de grousse Problem - „la reconnaissance de l'importance d'une assistance technique et financière pour faciliter la reconversion économique des cultivateurs de tabac ainsi que des travailleurs dont les moyens de subsistance sont gravement compromis par l'application des programmes de lutte antitabac".

Honorabel Deputéierten, dat ass net d'Tubakslobby, mä dat sinn aarm Leit!

***(Interruption)***

A meng Zäit ass ofgelaf.

Europa huet an der Zäit 80 Milliounen Euro an de Maroc investéiert, fir dass do d'Cannabisplantagë sollte verbrannt ginn. D'Marokkaner hunn dat gemaach. Mir Europäer hunn deenen hir aner Wueren awer net ofkaf. Wat hunn d'Bauere gemaach? Si hunn erëm neie Cannabis ugeplanzt. Marokko läit 14 km vun der spuenescher Grenz ewech, an haut hu mir de Cannabis erëm massiv an Europa dran.

Dir Dammen an Dir Hären, ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren. Op alle Fall mir als Demokratesch Partei wäerten dëst Gesetz stëmmen.

**Une voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Bettendorf. Als nächste Riedner hu mir den honorabelen Här Huss. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jean Huss** *(DÉI GRÉNG).*- Villmools Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, et ass kloer, dass déi Gréng dëse Projet de loi iwwert d'Ëmsetzung vun der OMS-Kaderkonventioun am Kampf géint den Tubak wäerte stëmmen.

Wann d'Gesondheetsschied an d'Doudesfäll duerch Tubak an Nikotin net esou gravéierend wieren, wier et bal esouguer scho langweileg hei nach eng Kéier doriwwer schwätzen ze missen. Mä nach gëtt et ze vill Leit, déi vun hiren Zigaretten ofhängeg sinn an net dovunner lasskommen, an nach gëtt et ze vill Fëmmerten, déi net nëmmen déi eege Gesondheet op eng schläichend Aart a Weis op d'Spill setzen, mä déi doduerjer an Innenraimlechkeeten och d'Gesondheet vun hire Matmënschen a vun hire Kanner op d'Spill setzen.

Wann an der Ëmweltmedezin vun enger sou genannter Pollution de l'habitat geschwat gëtt, da gehéiert do op jidde Fall och d'Fëmmen zu enger vun deene problemateschste Belaaschtungen. Beim Fëmmen ënnerscheet een tëschent dem Haaptstroum vum Zigarettendamp, deen de Fëmmert direkt anotemt, an dem sou genannte Niewestroum, oder dem Schwielbrand, deen da jiddfereen an engem geschlossene Raum matanotemt, ob e wëllt oder net.

Grad dësen Niewestroum vum Zigarettendamp oder dat passiivt Matfëmmen ass no alle virleiende wëssenschaftlechen Donnéeën héich gesondheetsgeféierlech. Vun all deene ville chemesche Molekülen, déi doranner enthale sinn, gëllen der schätzungsweis 800 als Kriibs erreegend. Den Taux oder d'Konzentratioun vu verschiddene vun dëse Substanzen ass esouguer am Niewestroum munchmol vill méi héich wéi am Damp selwer, deen de Fëmmert anotemt.

Beim Formaldehyd zum Beispill ass d'Konzentratioun am Niewestroum bis zu 50-mol méi héich, den Anilin 30-mol méi héich, den Nickelgehalt ass 31-mol méi héich, Kadmium siwemol méi héich, d'Nitrosamine 440-mol méi héich am Niewestroum wéi dat am Damp ass, deen de Fëmmert selwer anotemt. Beim Benzpyren, deen noweisbar Kriibs erreegend ass, héich Kriibs erreegend ass, ass d'Konzentratioun véiermol esou héich am Niewestroum wéi am Haaptstroum, deen de Fëmmert selwer anotemt.

Passiv matfëmmen ze mussen ass also kee Kavaléiersdelikt, mä eigentlech ee Problem vu Kierperverletzung an ee grousse Problem vun der öffentlecher Gesondheet.

Firwat, Dir Dammen an Dir Hären, dës Zuelen? Firwat dës Opzielungen? Ganz einfach, well anscheinend nach ville Leit, déi ongenéiert an zouene Raim oder Buroe fëmmen, net bewosst ze si schéngt, wéi staark si net nëmmen hir eege Gesondheet, mä och déi vun deenen anere Leit an de Raim op d'Spill setzen - vu Bëbeeën a Kanner mol iwwerhaapt net ze schwätzen.

Wann een och weess, wéi vill Krankheeten duerch dee Gëftmix am Zigarettendamp provozéiert ginn, an dat sinn der ganz vill, da kann ee sech nëmme wonneren, wéi vill Leit, och intelligent Leit, trotzdeem nach fëmmen. Typesch Folge vum Zigarettendamp sinn Allergien, Otemweeërkrankungen, Asthma, Mëttelohrentzündunge bei Kanner an Zëmmeren, wou gefëmmt gëtt, Arterioskleros, Häerzinfarkt, Hireschlag, Osteoporos, a munche Fäll Beenamputatioun, a scho wéi gesot Bronchialkriibs, Kehlkopfkriibs, Longekriibs an esou virun.

Et ass dofir och kloer a richteg, datt d'Weltgesondheetsorganisatioun Kampagne géint den Tubakkonsum lancéiert, an hei eben dës Kaderkonventioun, déi et soll erméigleche konkret Moossname géint den Tubakkonsum ze ergräifen.

Als Gréng wäerte mer all positiv Moossname vun de Majoritéitsparteien op dësem Gebitt ënnerstëtzen, ob et sech ëm preventiv oder ëm kurativ Moossnamen handelt. Mä, et ass fir eis awer essentiell, datt wann nei Gesetzer oder Reglementer gemaach ginn, datt dann awer och muss dofir gesuergt ginn, datt dat dann awer och iwwerwaacht a kontrolléiert gëtt.

***(Coups de cloche de la Présidence)***

Mir hate jo schonns e Gesetz vun 1989, dat d'Fëmmen an enger Rei vu Banneraim verbueden hat, well praktesch awer guer keng Kontrolle gemaach goufen, ass d'Fëmmen a Büroen oder op Aarbechtsplazen an och hei an der Chamber einfach monter virugaangen.

Als Gréng ënnerstëtze mer d'Initiativ vum Gesondheetsminister, fir a Restauranten zu engem Fëmmverbuet ze kommen. Et wier an eisen Aen awer méi einfach a méi sënnvoll d'Fëmmen insgesamt an allen öffentleche Raim ze verbidden, well d'Problematik vum Passivfëmmen ass déiselwecht, ob et sech ëm Büroen, Schoulen, Spideeler, Restauranten, Caféen oder ëm öffentlech Raim handelt.

Mir ënnerstëtze selbstverständlech och all Moossname géint d'Publizitéit fir den Tubak oder géint de Sponsoring vu Manifestatiounen duerch d'Tubaksindustrie, wa se vum Ministère a vun dëser Regierung wäerte virgeschloe ginn. Sou wéi mer virun allem am Intérêt vun der Gesondheet vun de Jonken der Meenung sinn, datt d'Zigarette misste méi deier ginn, fir hei à la source ze handelen an nei Fëmmerten ënnert de Jugendlechen, ënnert den 12-, 13- a 14-Jährege vum Astieg an d'Nikotinsucht ofzehalen.

Eng regelméisseg a progressiv Erhéijung vun den Tubakspräisser, déi dach am interregionalen an am internationale Vergläich hei zu Lëtzebuerg absolut niddereg am Moment leien - dofir hu mer jo dee ganzen Tubaktourismus -, wier a

mengen Aen op jidde Fall gerechtfäerdegt; wann ee bedenkt, wéi vill käschtenintensiv Krankheeten duerch den Zigarettekonsum geschaaft ginn, Krankheeten, déi eis Krankekeese belaaschten, a wann een och weess, wéi vill Steiersuen de Stat all Joer bäisteiert, fir de Budget vun dëse Krankekeesen eenegermoosse kënnen an der Riicht ze halen.

Dir Dammen an Dir Hären, an der Diskussioun nom Gesondheetsminister sengen Ukënnegungen ass vu munchen, net vun allen Nikotinofhängegen, an Zeitungsartikele gemengt ginn, elo géif op eng Kéier op eng diktatoresch Aart a Weis an hir perséinlech Fräiheet agegraff ginn. Dat ass an eisen Aen natierlech Kabes. Si behalen natierlech d'Recht op d'Fëmmen, dat, wat si hir Fräiheet nennen, mä sou wéi dat och op aner Gebidder de Fall ass, wou et Rechter gëtt, mä och Aschränkungen, sou soll et och hei sinn.

Et ass erlaabt an et gëtt d'Fräiheet mam Auto ze fueren, et ass awer net erlaabt mam Auto mat 100 duerch eng Uertschaft ze fueren, dat ass da gesetzlech geregelt. Wat op deem Gebitt richteg ass, dat muss och hei gëllen. An eisen Ae gëtt d'Fëmmen, d'Fräiheet fir ze fëmmen, fir kee Fëmmert ageschränkt, hie ka roueg virufëmmen, hien däerf och roueg seng Gesondheet ruinéieren, wann en dat wëllt maachen, mä et kann net sinn, datt hien duerch säi Fëmmen an engem geschlossene Raum aner Leit zwéngt passiv mat ze fëmmen, an doduerjer eventuell och krank ze ginn an doduerch eventuell och esouguer Longekriibs a sou virun ze entwéckelen; dat kann net sinn.

Dës international Conventioncadre ass an eisen Aen also absolut begréissenswäert a mir hoffen, datt elo dann awer och relativ schnell déi noutwenneg reglementaresch oder gesetzlech Projeten nokommen a Saache Verbuet an Innenraim, a Saache vu Sponsoring a Publizitéit oder a Saache vu Fiscalitéit. A mir drängen drop, dass dës Reglementer dann awer och kontrolléiert an agehale ginn.

***(M. Jos Scheuer prend la Présidence)***

Nach zwee Punkte kuerz zum Schluss.

Deen éischten, wat den europäesche Kontext ubetrëfft, wou et an eisen Aen, Här Minister, endlech zu engem drasteschen Iwwerdenke vun der Subventionéierung vun den Tubaksbaueren an Europa misst kommen…

**Une voix**.- Très bien.

**M. Jean Huss** *(DÉI GRÉNG)*.- …, well et kann een net glafwierdeg engersäits hei héich Subventioune weiderhin deene Leit ginn an anersäits aus Gesondheetsgrënn de Konsum vun dëse Produkter bekämpfen.

An eng zweet Saach ass, déi eis awer och ganz wichteg schéngt bei alle Mesuren am Kampf géint den Tubak…

***(Interruption)***

Et muss een hinnen da Reconversiounsmesuren ubidden, dat ass ganz kloer, Här Mehlen, ech si ganz mat lech averstanen.

…, wann engersäits streng Mesurë géint d'Passivfëmmen an Innenraim ergraff ginn, wat mir ënnerstëtzen, sou menge mir awer och, datt genuch a ganz vill Mëttele missten agesat ginn, fir de Fëmmerten, déi bereet sinn opzehalen, ze hëllefe vun hirer Nikotinofhängegkeet ewechzekommen. Dat misst an eisen Aen esouguer ee vun den Haaptpunkte vun allen Antitubakskampagne sinn, niewent der Suerg fir iwwer cibléiert Preventiounsmesuren, grad och Jonker, Jongen a jonk Meedercher, dovun ofzehalen, iwwerhaapt zur Zigarett ze gräifen.

An en allerleschte Punkt, fir datt ech dat elo hei net vergiessen: Wa mer als Chamber - hoffentlech unanime - dës Kaderkonventioun géint den Tubak wäerte stëmmen, da misst et jo dach awer och evident sinn, datt mer hei bei eis an der Chamber selwer gläich missten ufänken. Hei am Sall ass d'Fëmme jo verbueden, mä dëst Fëmmverbuet misst sech op all Raim an all Büroe bezéien, wou e Fëmmert net alleng an engem Raum schafft.

Här President, loosst eis grad hei mat engem gudde Beispill virausgoen an dës Konventioun gläich selwer fir eis eege Raimlechkeeten…

**Une voix**.- Den Här Scheuer huet opgehalen!

**M. le Président**.- Dierf ech lech ënnerbriechen? Dir hutt de falsche President attackéiert.

***(Hilarité)***

Ech hu viru 25 Joer opgehale mat Raachen.

**Une voix**.- Très bien.

**M. Jean Huss** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President Scheuer, deen elo hei den Här President Weiler ersetzt, da kann ech lech nëmme gratuléieren zu Ärem Beschloss vu viru 25 Joer.

Ech géif lech da wëlle bieden, dem Här President Weiler, deen de Moment net hei ass, matzedeelen, datt ech hie géif bieden, datt mer sollen déi Convention-cadre hei an der Chamber insgesamt uwennen an net nëmmen heibannen am Raum, mä a sämtleche Büroen, a sämtleche Bürossëtzungen an an alle Raimlechkeeten, wou net een alleng an engem Büro sëtzt, well wann een alleng doranner sëtzt, da soll e kënne fëmmen, well e jo dann nëmme sech selwer a senger Gesondheet schuet.

Ech mengen et wier wichteg, datt mer eis selwer géife mam Wuert huelen an do déi Saache maachen, déi mer da musse maachen. Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Ech wäert dat do ausriichten, Här Huss. Als nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Här President, ech wëll och der Madame Rapportrice félicitéiere fir deen ausféierleche Rapport, deen hei virbruecht ginn ass, an deen och dat erëmgëtt, wat d'Kommissioun an dësem Kontext festgehalen huet.

Lëtzebuerg huet de 16. am Heemount 2003 d'Kaderkonventioun vun der Weltgesondheetsorganisatioun ënnerschriwwen. Dës Konventioun wëllt aktiv géint de Konsum vum Tubak virgoen. Si ass och déi éischt Konventioun vun der Weltgesondheetsorganisatioun, déi en Thema vun der Gesondheet direkt betrëfft.

Dës Tatsaach misst och déi Leit iwwerzeegen, déi nach ëmmer mengen, d'Fëmme wier awer net esou geféierlech, an och mengen, datt d'Kampagn géint d'Fëmmen net onbedéngt eng vun de Prioritéite vun enger gudder Gesondheetspolitik misst sinn.

Ech wëll hei net verfeelen drun ze erënneren, datt mäi Frënd, den Dokter Jean Colombera, a senger Interpellatioun iwwert de Kriibs - déi éischte Kéier iwwregens, datt iwwert de Problem vum Kriibs an der Chamber geschwat ginn ass -, virun zwee Joer schonn drop opmierksam gemaach hat, dass en Drëttel vun de Kriibserkrankungen duerch den Tubak verursaacht ginn an datt mer hei zu Lëtzebuerg sou schnell wéi méiglech Mesurë mussen huelen, fir de Prozentsaz vun de Leit, déi fëmmen, däitlech ze reduzéieren.

Während senger Interpellatioun hat den Dokter Colombera fir d'Joer 2002 folgend Chiffere genannt: 35% vun de Männer fëmmen a 25% vun de Fraen, dat war eng Moyenne vun 30%.

Haut musse mer feststellen, dass fir d'Joer 2004 36% vun de Männer a 36% vun de Frae fëmmen. Dat heescht, datt méi Leit haut fëmmen, wéi zu deem Zäitpunkt, wou den Dokter Colombera op d'Thema Kriibs an der Chamber opmierksam gemaach huet.

Mir wëssen, datt d'Preventioun eng Politik vu laanger Dauer ass, mä hei zu Lëtzebuerg schéngt sech net vill ze bewegen, wat dat Thema ugeet.

Mir brauchen nëmmen d'Chifferen ze kucke vun deene Leit, déi fëmmen. Am Joer 1987 hate mer 33% vun der Bevölkerung, déi gefëmmt huet, 1993 waren et der 29, 1998 32, 2001 30, 2002 30, 2003 33 an 2004 31. Mir bleiwen also trotz der bishereger Preventiounspolitik bei ëm déi 30%.

Trotz all deem wat mer wëssen iwwert déi Schied, déi den Tubak uriicht, schénge vill Leit sech de Konsequenze vum Fëmmen net bewosst ze sinn. Vläicht well se d'Konsequenzen dovun net direkt gesinn an d'Laangzäitschied ënnerschätzen. Kloer ass awer leider, datt eng vun dräi Kriibserkrankungen op de Konsum vum Tubak zréckzeféieren ass.

No Aussoe vun der Fondation luxembourgeoise contre le cancer stierwen hei zu Lëtzebuerg all Joer méi wéi 500 Leit un de Suitë vum Genoss vum Tubak. Alleng dës Chiffere missten eis dach dozou brénge méi aktiv géint den Tubak virzegoen a missten dach och all d'Fëmmerten erschrecken.

Säit 1987, säit bal 20 Joer, bleift d'Zuel vun deene Leit déi fëmme bal konstant. Dat hätt och déi zoustänneg Leit drop opmierksam maache missen, datt an der Politik, déi se bedriwwen hunn, fir de Konsum vum Tubak ze reduzéieren, eppes net geklappt huet an datt zousätzlech Mesuren hätte geholl misse ginn, respektiv datt aner Mesuren hätte misse geholl ginn a mir hätten net op eng Weltgesondheetsorganisatioun dierfen ze waarden, fir festzestellen, datt mer e gravë Problem hunn an datt mer eppes hätte misse maachen.

Alleng d'Tatsaach, datt am Regierungsprogramm een eenzege Saz steet, deen den Tubak betrëfft: «Le Gouvernement déposera un projet de loi visant à améliorer la protection des non-fumeurs. Des consultations antitabac spécialisées seront offertes», weist drop hin, datt am Joer 2004 d'Wichtegkeet vun dësem Thema nach ëmmer net erkannt ginn ass.

Och wa mer et begréissen, dass sech elo lues a lues eppes beweegt an dass d'Taxë liicht erhéicht gi sinn, ass et kloer, dass dës Mesure eleng net duergeet. D'Fondation luxembourgeoise contre le cancer huet iwwregens eng Erhéijung vum Präis vu mindestens 10% virgeschloen. Dës Erhéijung wier ëmsou méi wichteg, well se d'Zuel vu Persounen, déi fëmmen, virun allem bei Jugendlechen, erofsetze kënnt. Déi Jugendlech hunn nach net esou vill Suen zur Verfügung. Dofir kann de Präis een Argument méi si fir ee Jugendlechen, sech géint d'Fëmmen ze décidéieren.

Déi Zuelen, déi eis zur Verfügung stinn, weisen drop hin, datt d'Opklärungscampagnë bei de Jugendlechen net genuch gräifen. Un de Chifferen, déi mer vun der Fondation luxembourgeoise contre le cancer hunn, ass net nëmme beonrouegend, dass d'Zuel vun deene Leit, déi fëmmen, net erofgeet, mä datt och de Prozentsaz vu Jonken tëschent 18 a 24, déi fëmmen, lues awer sécher klëmmt.

2004 hunn 28% vun de Jugendlechen tëschent 16 a 17 Joer gefëmmt an 53% vun de Jugendlechen tëschent 18 a 24 Joer. 53% also, dat ass iwwert d'Halschent. Dës Chiffere sinn ëmsou méi beonrouegend, wa mer wëssen, datt déi Jugendlech, déi fréi ufänken ze fëmmen, méi Schwieregkeeten hu vum Fëmmen ewechzekomme wéi en Erwuessenen, deen eréischt méi spéit ufänkt.

Mir hunn d'Statistike vu Jugendleche vum Alter vu 16 Joer un, wëssen, datt awer ëmmer méi fréi gefëmmt gëtt an datt et guer net rar ass e Jugendleche mat 12, 13 Joer mat enger Zigarett an der Hand ze begéinen. Dofir misst besonnesch an deem Altersberäich méi intensiv preventiv gewierkt ginn an och mol festgestallt ginn oder analyséiert gi bei deene Jugendlechen, déi vu 16 Joer un an de Statistiken erfaasst ginn, ob déi net och scho mat 12, 13 Joer ugefaangen hu mat fëmmen. Dat ass nämlech eppes wat aus de Statistiken net erausgeet.

Här President, d'Campagne géint den Tubak ass en nationaalt Thema wat eis alleguer betrëfft an net nëmmen déi Leit, déi fëmmen. A wa Leit mat de Konsequenze vun hirem Tubakskonsum liewe mussen - an hei wëll ech net iwwert d'Passivfëmme schwätzen -, musse mir als Solidargemeinschaft dës Konsequenze matdroen, iwwer eis Krankekeesen, iwwer eis Pensiounskeesen, wa Leit duerch d'Konsequenze vum Tubak an d'Invaliderent falen. Well loosst eis net vergiessen, den Tubak huet net nëmme Kriibs als Konsequenz, mä och Häerzproblemer an och Longeproblemer, déi et engem Mënsch onméiglech maache kënne weiderzeschaffen.

Ech wëll hei nach eemol opgräifen, wat mäi Frënd den Dokter Colombera a senger Interpellatioun vun 2003 gesot huet. Mir musse véier Mesuren esou schnell wéi méiglech aféieren: en effikasse Preventiounsprogramm. Well d'Preventioun virun allem bei de Jonken esou wichteg ass, misst besonnesch an deem Beräich alles op d'Bee gesat gi fir ze verhënneren, datt ugefaange gëtt mat fëmmen.

Zweetens, dat totaalt Verbuet vun der Publicitéit a vum Sponsoring iwwer Tubak. Besonnesch bei deene Jonken, déi jo ëmmer ideal Virbiller sichen, a well Verschiddener sech dozou verleede loosse coolen Typë mat enger Zigarett am Bak oder mat enger Fläsch Cognac am Grapp gären nozeäiferen. Dofir ass et wichteg, dass d'Publicitéit fir gesondheetsschiedlech Produiten iwwerhaapt verbueden oder zumindest staark muss ageschränkt ginn.

Dann drëttens en totaalt Verbuet, fir an öffentleche Gebaier ze fëmmen. Dat Verbuet, dat schonn deelweis ausgeschwat ass, an et ass schonn hei gesot ginn, awer net esou richteg respektéiert gëtt, misst generaliséiert, awer och kontrolléiert ginn, wou awer kloer misst definéiert ginn, wat öffentlech Gebaier sinn. An de Spideeler zum Beispill ass et verbueden ze fëmmen, et ginn awer ofgetrennte Fëmmecken ageriicht. A wann Der do d'Dier opmaacht, da kritt dee ganze Stack eng Nikotininhaléierung. Esou schlëmm ass et wann een d'Fëmmen an engem Eck konzentréiert, wou dann och nach net déi néideg Entlüftung ass.

Dat heescht also, wann ee Fëmmecken ariicht, dann awer och wann ech gelift mat deenen néidegen Entlüftungen, fir net dass, wann een d'Dier opmécht, dann awer d'ganz Noperschaft mat eng Nikotinkris kritt!

D'Fro stellt sech vum Fëmmen op der Aarbechtsplaz an och do a besonnesch a geschlossene Raim stellt sech dann d'Fro vum Passivfëmmen an do missten d'net Fëmmerten op déi eng oder aner Aart a Weis geschützt ginn. Et ass natierlech ze soen, e generellt Verbuet op der Aarbechtsplaz ze fëmmen, géif zum Beispill an engem Stolwierk zur Farce ginn, well een do jo awer nach aner Saachen anotemt wéi den Tubaksdamp a wou ech da mengen, dass den Tubaksdamp nach dee mannste Problem wier.

D'Fëmmverbuet an de Restaurante war an der leschter Zäit en héichgespilltent Thema, dat een och manner emotional hätt kënnen ugoen. Et ass e Fait, datt do, wou Fëmmverbueder sinn, wéi an de Fligeren, respektiv an de Kinoen, wou et ausgeschwat ginn ass, sech dru gehale gëtt. Mir sinn awer, am Zesummenhang mat de Restauranten an de Caféen, fir méi e soft Virgoen. Mir sinn der Meenung, datt et eventuell géif duergoen, datt een an de Fënstere vun den Etablissementer kloer misst schreiwen, hei gëtt gefëmmt oder hei gëtt net gefëmmt. Oder datt publizéiert gëtt, datt getrennte Raimlechkeeten do si fir d'Fëmmerten an d'net Fëmmerten, dann hätt jiddfereen de Choix.

Mä wat awer hei vläicht als Mesure vergiess ginn ass ze soen, dat wier zum Beispill wann nei Raimlechkeeten, öffentlech Raimlechkeete gebaut ginn, iwwert de Kommodo-Inkommodo, eng adequat Entlüftung mat virzeschreiwen. Dat wier och e Wee fir effektiv deem Problem entgéintzekommen. Well de Problem vum Matfëmmen ass jo dee Problem meeschtens vun enger schlechter Entlüftung oder vun enger klorer Oftrennung vu Fëmmraim an net Fëmmraim. Dofir géif ech mengen, dass awer iwwert de Wee vun der Kommodo-Inkommodo-Prozedur bei neie Gebailechkeeten, déi fir d'Öffentlechkeet ageriicht ginn, och misst dofir gesuergt ginn, dass eng adequat Entlüftung misst mat virgesi ginn.

Da véiertens eng Politik vun héijen Tubakspräisser. Wa mer eng Politik vun héijen Tubakspräisser wëllen ugoen, dann awer mat zwee Objektiver. Éischtens natierlech fir méi Leit vum Fëmmen ofzehalen, besonnesch Jonker. An zweetens awer, datt déi Suen, déi zousätzlech do erakommen, awer dann och mussen der Sécurité sociale zegutt kommen, dat heescht am Fong dä Institutioun, déi fir d'Schied muss opkommen.

A Frankräich hu se déi Politik vun héije Präisser bedriwwen an dunn hu se da mat Houfert festgestallt, dass de Kaf vun Zigaretten erofgaangen ass. An ech betounen de Kaf, awer net onbedéngt de Konsum, well besonnesch an de Grenzgebidder vu Spuenien a Lëtzebuerg, wou d'Zigarette bal zwee Euro de Pak méi bëlleg sinn, do bléit de Schwaarzhandel.

Wann een zum Beispill a Lëtzebuerg ausrechent, wéi vill Zigaretten dass verkaaft ginn, an ee weess, dass nëmmen 33% vun de Leit fëmmen, da misst theoretesch all Fëmmert 136 Päck Zigaretten den Dag fëmmen, fir dat, wat hei am Land verkaaft gëtt, opzebrauchen. Beim Bensin ass et zum Beispill ähnlech. Do misst jiddferee 1.600 Liter op 100 Kilometer verbrauche fir dee Konsum vu Bensin hei opzebrauchen, deen eleng hei am Land verkaaft gëtt, fir nëmmen ee Beispill ze ginn. An do gesäit ee jo, wéi de Schwaarzhandel am Fong besonnesch mat den Zigarette bléit.

Och wa mer eis nëmme fir Lëtzebuerg zoustänneg fillen, esou schéngt et mer awer, datt mer am Interesse vun de Leit an eisen Nopeschlänner misste mathëllefen dem Schwaarzhandel, dee manifestement méi Ëmsaz huet wéi eise legale Maart, een Enn ze setzen.

Wat eis hei am Land betrëfft, do kënne mer nëmmen hoffen, dass esou schnell wéi méiglech déi noutwendeg Mesurë geholl gi fir dës Kaderkonventioun ëmzesetzen.

Elo hu mer vun der Weltgesondheetsorganisatioun eng Basis vir-

geluecht kritt, op där mer kënne schaffen a wou mer dat Bescht am Interesse vun de Fëmmerten an net Fëmmerten an eisem Gesondheetswiese kënne maachen.

Wann ech elo nach eng Kéier un d'Fëmmen an de geschlossene Raim erënneren, dann erlaabt mer, dass ech awer hei eng Bemierkung géif maachen, déi mer awer wichteg schéngt. Wann een d'Wiel huet an e Raum ze goe fir ze fëmmen oder net ze fëmmen, da geet een eran oder et geet een net eran, mä da kënnt ee geméinlech awer eraus an eng vun der Industrie verschmotzte Loft, wou een net ka fortlafen a wou et endlech un der Zäit wier, dass mer dat Thema och emol eng Kéier géifen am Interesse vun der Gesondheet vun de Mënschen hei am Land zur Diskussioun bréngen; mer och emol eng Kéier géifen driwwer schwätzen, wat fir eng Schied, dass d'Ëmweltverschmotzung duerch d'Industrie hei am Land uriicht.

An deem Sënn soen ech lech Merci a mir géife selbstverständlech déi Konventioun hei och stëmmen.

**M. le Président**.- Merci, Här Jaerling. D'Regierung huet elo d'Wuert. Den Här Gesondheetsminister Mars Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si ganz frou, dass mer haut d'Geleeënheet hu fir dës Konventioun ze stëmmen an domat en Text ze ratifizéieren, dee mer als ee vun deenen éischten ënnerschriwwen haten, schonn am Joer 2003.

***(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)***

Et ass e wichtegen Text, wou d'international Communautéit sech eens ginn ass, dass den Tubak a staarkem Mooss gesondheetsschiedlech ass an dass et wichteg ass sech en Aktiounsprogramm ze ginn, fir där Gesondheetsschiedlechkeet entgéintzewierken. Dat war en Duerchbroch, dee sengerzäit erreecht gi war, well déi Unanimitéit bis dunn net bestanen hat, och wann d'Wëssenschaft scho laang zu där Evidenz komm war, dass d'Fëmmen an all Alter, besonnesch awer bei deene ganz Jonken, an extrem héije Mooss gesondheetsschiedlech ass.

E puer Chifferen niewent deenen, déi virdru genannt gi sinn: Néng vun zéng Longekriibse sinn op d'Fëmmen zréckzeféieren. Bei den Häerzinfarkter ass d'Proportioun zwar net grad esou héich, mä do ass ëmmer nach d'Fëmmen ee vun den Haaptfacteuren, déi zu den Häerzinfarkter féiere kënnen. Bei enger ganzer Rei vun aneren organeschen Erkrankungen ass den Tubak zumindest matschëlleg.

Den Tubak ass och matschëlleg, dass ganz vill Leit stierwen. Zu Lëtzebuerg sinn et der ëm 600, also vill méi wéi déi Affer, déi mer an dem Stroosseverkéier hunn, a vill méi wéi déi, déi mer duerch den illegalen Drogekonsum hunn. Ech wëll net soen, dass déi aner Faiten ze bagatelliséiere sinn, mä ech wëll dat just als Argument huelen, fir dass mer eis endlech och ëm déi dote bekannten Doudes- a Krankheetsursaach vill méi këmmere wéi an der Vergaangenheet, well den Tubak, dat soll een esou soe wéi et ass, ass ee vun deene bekannten an Haaptkrankmécher, déi et op dëser Welt gëtt. Also ass et eis Verantwortung fir dorop ze reagéieren.

Ech sinn numol net Tubaksminister, ech si Gesondheetsminister, a wann ech déi doten Erkenntnis hunn, da muss ech mech dofir asetzen, fir alles wat méiglech ass ze maachen, fir d'Leit virun den negative Folge vum Tubakskonsum ze schützen.

Mir stinn net eleng do, wa mer déi Konventioun haut ratifizéieren. Et sinn iwwer 100 Länner, déi se ënnerzeechent hunn; et sinn an der Zwëschenzäit 64 Länner, déi se ratifizéiert hunn. Mir sinn dat 65. Land. Et sinn 13 europäesch Memberstaten, déi se ratifizéiert hunn. Mir sinn de 14., also ass et eng grouss Majoritéit, déi hannert der Konventioun steet.

Ech wollt eigentlech haut aus där Konventioun net eng Orientéierungsdebatt maache fir déi nächst Schrëtt, déi mer maachen, mä ech sinn awer dem Här Bettendorf ganz dankbar, dass en dat gemaach huet, aus dëser Diskussioun iwwert d'OMS-Konventioun eng Orientéierungsdebatt, wéi mer solle virufueren, well ech hunn eigentlech vu véier oder fënnef Fraktioune bedingungslos d'Zoustëmmung kritt, fir dee Wee ze goen, deen d'Regierung aschléit, ech hu just vun enger Fraktioun gesot kritt, dass mer ze radikal wären.

Wann ech also d'Konklusioun zéien, dann ass eng ganz grouss Majoritéit an dëser Chamber der Meenung, dass dee Wee, dee mer an der Regierungserklärung ageschloen hunn, an dee mer elo mat enger ganzer Rei vu konkrete Moossname wëllen ëmsetzen, dee richtege Wee ass.

Ech zéien, mengen ech, dann d'Konklusioun doraus, dass mer sollen op deem dote Wee virufueren. Wann ech dat gewousst hätt, wann ech déi Méiglechkeet gehat hätt, Här President, dann hätt ech eng Motioun abruecht, mä leider kann…

**M. le Président**.- Déi Zäite sinn eriwwer.

***(Hilarité)***

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Déi Zäite si leider eriwwer.

Ech stelle fest, dass eng Fraktioun, an zwar d'DP, géint dat Fëmmverbuet an de Restauranten ass, esou wéi ech dat virgeschloen hunn. Ech hu keng aner…

***(Interruptions)***

Ech hu keng aner Stëmme jiddefalls dozou héieren.

***(Interruption)***

Ech wëll bei dëser Geleeënheet der Rapportrice e ganz grousse Merci soe fir deen excellente Rapport an och de Kolleegen aus der Chamber fir déi gutt Interventiounen.

Ech sinn och frou, dass d'Kolleege vun der DP kloer gesot hunn, dass se hannerun där Konventioun stinn. Dat war net ëmmer esou kloer, well Dir wësst, dass ënnert der viregter Regierung den deemolege Gesondheetsminister zwar proposéiert hat fir se ze ratifizéieren, mä säi Kolleeg Wirtschaftsminister der Meenung war, dass ee soll waarde bis dass d'europäesch Direktiv géif virleien. Deemools huet d'Regierung dat - ech kann lech d'Texter weisen…

**M. le Président**.- Här Di Bartolomeo, erlaabt Der eng Zwëschefro vum Här Wagner?

**M. Henri Grethen** *(DP)*.- Här President, ech géif den Här Minister invitéieren, fir fir dat, wat en elo hei gesot huet, dann och de Bewäis ze bréngen…

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Jo, ech trieden deen un. Ech hu just déi Dokumentatiounen net bei mer, well ech net mat Regierungsréitberichter vun zéng Joer dorëmmer lafen, mä ech ginn, Här President, wann Dir dat wëllt…

**M. Henri Grethen** *(DP)*.- Sou laang ware mir net an der Regierung.

***(Hilarité)***

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- …lech déi doten Dokumentatioun bei där nächster Geleeënheet selbstverständlech op den Dësch vun dëser Chamber.

**M. le Président**.- Här Minister, erlaabt Der eng Zwëschefro vum Här Wagner?

**M. Carlo Wagner** *(DP)*.- Neen, Här President, keng Zwëschefro, mä just awer eng Richtegstellung. Den Här jëtzege Minister huet vläicht…

**M. le Président**.- Dat ass zwar de Moment net virgesinn, Här Wagner, mä wann de Minister d'accord ass, dann ass et an der Rei.

**M. Carlo Wagner** *(DP)*.- Glift?

**M. le Président**.- Dat ass net esou virgesinn, Dir kënnt Froe stellen, mä fir Kommentaren ze maachen…

**M. Carlo Wagner** *(DP)*.- Ech stellen dem Här Di Bartolomeo d'Fro, ob en eben d'Lëtzebuerger Positioun, wat den Tabagissem ubelaangt um europäeschen Niveau an deene leschte Joren net suivéiert huet.

Et ass nämlech esou, dass Lëtzebuerg op europäeschem Niveau zu Bréissel sämtlech Initiativen, wat den Tabagissem ubelaangt, sämtlech Direktive matgedroen huet. Dat just als Richtegstellung, mä meng Fro war dann: Weess de Minister dat net?

***(Hilarité)***

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Ech weess selbstverständlech, Här Exminister, dass Lëtzebuerg ënner Ärer Regie sech ugeschloss huet un de Recours vun deenen Däitsche vis-à-vis vun där Direktiv, déi am Moment ënnerwee ass, an dat och d'Argumentatioun war, fir dës Konventioun net ze ratifizéieren.

Dat kënnt Dir nokucken, an Dir wësst dat, well do gëtt et Bréifwiesselen zwëschen Ärem fréiere Ministère an anere Regierungsstellen, déi dat beleeën, well Dir hutt selwer - an ech kann lech do deen Text ginn, deen hunn ech nämlech dobäi - der Regierung proposéiert, Här Exminister, dass se soll ratifizéiert ginn, mä d'Regierung ass lech net op deem dote Wee gefollegt. A wann Dir éierlech sidd, da gitt Dir dat zou.

**M. Henri Grethen** *(DP)*.- Ech hunn eng Fro un de Minister: Wat fir eng Regierungskompositioun war et, déi dës Konventioun ënnerschriwwen huet an hei am Parlament déposéiert huet?

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- A wat fir eng war et, déi se ratifizéiert huet, a wat fir eng war et, déi se net ratifizéiert huet?

Ech huele meng Kolleegen als Zeien, déi hei setzen, dass et net esou evident war, fir se ze débloquéieren, well Dir se gutt zougemauert hat.

**M. Henri Grethen** *(DP)*.- Vous êtes un populiste!

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, ech géif…

**M. le Président**.- Loosst eis zur Serenitéit zréckkommen, a fuert Dir mat Ären Ausféierunge weider.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Voilà! Ganz gär, ganz gär!

Ech stellen also fest, dass eng eenzeg Fraktioun an där Orientéierungsdebatt, déi mer hei hunn, net op der Positioun vun der Regierung ass.

***(Interruptions)***

**M. le Président**.- Här Di Bartolomeo, erlaabt Dir eng Tëschefro vum Här Jaerling?

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Jo, selbstverständlech.

**M. le Président**.- Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Här Minister, ech wollt froen, ob Dir nogelauschtert hutt wéi ech geschwat hunn.

***(Hilarité)***

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Selbstverständlech, an ech war mat ganz ville Punkte vun lech d'accord.

**M. Aly Jaerling** *(ADR)*.- Da misst Dir jo awer héieren hunn, dass ech gesot hunn, dass mir net mat engem absolute Fëmmverbuet d'accord sinn, an dass mir aner Propositioune gemaach hunn, wéi zum Beispill gesot hunn, dass mer et de Restaurateure fräiloossen oder zu de Restaurateure soen, si sollen an hirer Fënster ukënnegen, hei gëtt gefëmmt an hei gëtt net gefëmmt, oder se sollen ubréngen, mir hu Fëmmecken an net Fëmmecken.

Ech hunn och eng Propos gemaach, do zousätzlech iwwer Kommodo an Inkommodo bei neie Gebaier eventuell Entlüftungen an deene Raimlechkeeten eranzemaachen.

Mä mir hunn eis net kloer fir e Fëmmverbuet ausgeschwat. Dat ass falsch! Dat ass falsch!

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Et ass ganz interessant ze wëssen, dass Dir dann net fir d'Fëmmverbuet an de Restaurantë sidd.

***(Hilarité)***

Ech muss lech soen…

**Une voix**.- Den Här Colombera wär bestëmmt dofir!

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Jo, den Här Colombera huet och an déi dote Richtung plädéiert, mä den Här Colombera ass leider net méi do. Mä zréck…

***(Interruptions diverses)***

**M. le Président**.- Neen, Här Jaerling, ech mengen, et wier elo alles gesot. Loosse mer elo dem Här Minister nolauschteren a sengen Ausféierungen. Dir hutt d'Méiglechkeet fir herno eropzekommen an ze soen, wat Dir nach um Häerz hutt.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll am Zesummenhang mat där Orientéierungsdebatt, déi mer haut de Mëtteg hunn, drop hiweisen, dass de Regierungsprogramm an deem dote Punkt ganz kloer ass. D'Preventioun vu Suchtkrankheeten - an et sinn net nëmmen zwou Zeile gewiescht, déi doriwwer am Regierungsprogramm waren -, ob dat Suchtkrankheete sinn, déi op sou genannte legal Drogen zréckzeféiere sinn, wéi och Suchtkrankheeten, déi op illegal Drogen zréckzeféiere sinn, d'Preventioun dovun huet am Regierungsprogramm eng alleréischt Prioritéit, dat gëllt fir d'Preventioun virun Alkohol-, Tubaks- awer och Medikamentsofhängegkeet.

D'Regierung huet ugekënnegt, dass se e Gesetz géif deponéieren, dat de Schutz vun deenen, déi net fëmmen, verbessert. D'Regierung huet ugekënnegt, dass se spezialiséiert Consultatiounen, fir vum Tubak lasszekommen, géif ubidden. All dat wär ze maachen an all dat sinn och Punkten, déi an der OMS-Konventioun virgeschloe ginn, sou dass mer eng ganz Rei vu Punkten, déi an der OMS-Konventioun stinn, an deenen nächste Wochen a Méint wäerte mat Liewe féllen.

Ech wëll och soen, dass déi Initiativen, déi mer huelen a Saache Schutz virum Tubak, nëmmen een Element sinn, mä e wichtegt Element vun deem Gesondheetsplang, dee mer amgaang sinn opzestellen. An ech sinn dofir frou, dass d'Martine Stein drop higewisen huet, dass virun zéng Joer, ënnert dem Johny Lahure, e ganz gutt Wäissbuch opgestallt ginn ass. Mir sinn och amgaang als Basis vum Gesondheetsplang dat Wäissbuch ze aktualiséieren.

Wéi geet et elo weider no dem Vote vun der OMS-Konventioun? Mir wäerte ganz schnell de Bilan vun deem 89er Gesetz zéien, wou eng Rei vu Moossname scho realiséiert gi sinn, déi elo an der OMS-Konventioun widderholl gi sinn. Mir wäerten e Gesetz deponéieren an der Chamber - ech hoffe virun der grousser Vakanz -, wou eng ganz Rei vun Elementer an der Transpositioun vun der Regierungserklärung wäerte kommen. Dozou gehéiert d'Recht, d'verbréiftent Recht, fir dampfräi kënnen ze iessen. Hei geet et net ëm Initiative géint Fëmmerten, mä fir elementar Rechter fir ouni Damp däerfen ze genéissen.

Da wäerte mer an deem Gesetz d'Interdiction de vente vun Tubaksprodukter u Mineure proposéieren - och dat ass en Element, dat an der OMS-Konventioun ass - a gläichzäiteg och en anere Punkt aus dem Regierungsprogramm realiséieren, nämlech d'Interdiction de vente vun Alkohol oder Alkopops u Mannerjähreger.

Dann och Prezisiounen a Saache Publizitéit, wou aner Schrëtt iwwert d'EU-Direktiv wäerte kommen, déi méi incisiv wäerte sinn.

Dann hu mer eng ganz gutt Zesummenaarbecht mat der Educatiounsministesch a mam Aarbechtsminister engagéiert fir éischtens an de Schoulen zousätzlech Schrëtt ze maache géint Ofhängegkeet, zweetens Schrëtt ze maachen an der Aarbechtswelt fir kënnen de Schutz vum net Fëmmert ze verbesseren.

Mir kommen do ganz gutt virun a mir hunn am Moment eng Initiativ lafen zesumme mat de Spideeler fir tubaksfräi Spideeler ze avantagéieren. Dat ass ee vun de Schwéierpunkten, déi an dëser Campagne dëst Joer wäerte lancéiert ginn an am Hierscht wäerte mer eng cibléiert Campagne a Richtung Jugendlecher maachen, wou den Haaptmotto ass: „Looss se stiechen." Well dorëm geet et, een deen d'Zigaretten zu deem richtegen Alter stieche léisst, dee brauch herno net dovun entwinnt ze ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et sinn e puer Suggestioune komm - just ganz kuerz dozou -, déi ganz gutt waren, déi ech och ganz gären ënnerstëtzt hätt, wéi zum Beispill, mat der Horesca eens ze gi fir fräiwëlleg Restauranten ouni Tubak ze entaméieren. Ech wëll soen, dass dat iwwer Jore scho méiglech war an dass ech dat Ugebuet virun dräi Méint och un d'Horesca gemaach hunn. Sage und schreibe ee Restaurant huet an der Zwëschenzäit sech als dampfräi deklaréiert, dat ass d'Postkutsch zu Esch. Fir déi, déi net wëssen, wéi agréabel dass et ass ouni Damp ze iessen, kann ech lech…

***(Interruptions)***

**M. le Président**.- Dir musst awer elo net onbedéngt Propaganda hei maachen, Här Minister.

***(Hilarité et interruptions)***

An dann ass et och esou lues Zäit, datt Dir zum Schluss kommt.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécu-*

*rité sociale.*- Jo, selbstverständlech, Här President.

Ech hunn héieren zu Dikrech wär och ee Restaurant, deen dat géif envisagéieren, dee kënne mer dann och an nächster Zukunft nennen.

**M. le Président**.- Sou, Här Minister, kommt zum Schluss, wann Dir wëllt.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Ech kommen zum Schluss.

Här President, ech mengen, et ass e ganz eeschte Sujet iwwert dee mer diskutéieren. RTL hat fir den 1. Abrëll e Witz lancéiert, deen drop erausgelaf wär, dass een deene Leit, déi wëllen ophale mat fëmmen, géif eng Prime ginn. Dat war selbstverständlech en Abrëllsgeck.

Op deen dote Wee wäerte mer net goen, mä ech mengen, an ech widderhuelen dat nach eng Kéier, wat ech scho gesot hunn: All deene Leit, déi ophale mat fëmmen oder net domat ufänken, kann een eng Prime ubidden, déi wäertvollst Prime, déi een hinne kann ubidden, nämlech d'Gesondheet. Een deen net fëmmt lieft méi laang a lieft virun allem besser.

Ech soen lech Merci.

***(Interruptions diverses)***

**M. le Président**.- Merci, Här Minister. Den Här Jaerling huet d'Wuert nach eng Kéier gefrot. Här Jaerling, op Grond vu wéi engem Artikel vum Reglement frot Dir lech d'Wuert?

**M. Aly Jaerling** *(ADR).*- Ech kennen d'Reglement net auswenneg, Här President…

***(Hilarité)***

…, mä ech weess awer, dass ech d'Recht hunn, fir nom Här Minister ze schwätzen.

**M. le Président**.- Also Parole après ministre.

**M. Aly Jaerling** *(ADR).*- Jo, ech géif schonn en Artikel fannen, also do ass kee Problem.

**Une voix**.- Genau.

**M. le Président**.- Da faasst lech kuerz.

**M. Aly Jaerling** *(ADR).*- Dat maachen ech ëmmer.

Ech wëll just kloerstellen, dass ech net kann zouloossen, wann den Här Minister hei eng Desinformatioun mécht iwwert dat wat den Här Colombera hei gesot huet. Den Här Colombera huet zu kengem Moment de Radikalismus hei am Zesummenhang mam Fëmme gepriedegt. Den Här Colombera huet hei virun dräi Joer dat gemaach…

***(Interruption)***

…, wat d'Regierunge virdru scho laang hätte solle maachen, an zwar konkret Proposen hei op den Dësch geluecht, wéi ee géint d'Fëmme kann ugoen.

An dann déi zweet Saach, wou Dir elo…

***(Interruption)***

Gelift?

***(Interruption)***

Neen.

An da kënnt déi zweet Saach, Här Minister. Dir hutt hei gesot, dat mat enger Prime ze gi fir d'Fëmmerten, dat wär eng Farce. Ma da wëll ech lech soen: Sou laang, wéi Dir d'Erhéijung vum Tubak am Index dra loosst, da gitt Dir de Fëmmerten eng Prime, well da maacht Dir se méi räich, fir hir Zigaretten ze kafen. Dofir stellen ech lech dann d'Fro: Sidd Dir dann och bereet d'Erhéijung vum Tubak aus dem Index erauszehuelen?

**M. le Président**.- Merci, Här Jaerling. Vläicht eng Äntwert dozou, Här Minister?

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Jo, ganz, ganz gären, Här President. Selbstverständlech hu mer hei net d'Geleeënheet, fir all déi gesammelt Wierker vum Här Colombera nach eng Kéier nozeliesen, mä ech géif lech déi awer…

***(Brouhaha général)***

...nach eng Kéier presentéieren. Selbstverständlech huet dës Regierung och e Gesamtkonzept iwwert d'steierlech Behandlung vun den Zigaretten a vum Tubak, a selbstverständlech huet dës Regierung och Virstellungen, wéi een, wann een Taxë fir gesondheetlech Zwecker an Taxen aus gesondheetlechen Iwwerleeunge schaaft déi da répercutéiert am Index. Déi Diskussioun ass awer net ofgeschloss.

Merci.

**Une voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, domat si mer um Enn vun der Diskussioun zu dësem Projet ukomm. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5419.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Marcel Sauber), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mmes Nelly Stein, Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Romain Schneider), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);*


Chambre des Députés
LUXEMBOURG

**Chamber TV**

**weist all öffentlech Sëtzung live an integral**

•

An der Stad
*um Kanal S29 (Coditel) oder um Kanal S40 (Eltrona/Siemens*

•

Zu Esch
*um Kanal S24 / 455.25 Mhz*

An der Gemeng Déifferdang
*um Kanal S29*

•

An der Gemeng Diddeleng
*um Kanal S32*

•

An der Gemeng Nidderaanwen
*Kanal S29*

An der Gemeng Bartreng
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

Zu Walfer
*um Kanal S29 / 367.25 Mhz*

•

Zu Biwer an zu Wecker
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Bous
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Bërmereng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Konter
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Dippech
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

An der Gemeng Dikrech
*um Kanal S19 / 287.25 MHZ*

•

Zu Iermsdref
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

Zu Esch-Sauer
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

Zu Nidder- an Uewerfeelen
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Gréiwemaacher
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Hieffenech
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Hesper
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

Zu Kielen (& Brameschhaff), Keespelt, Meespelt, Ollem a Nouspelt
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Mamer
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Manternach
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

•

An der Gemeng Medernach
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

*MM. Xavier Bettel (par M. Niki Bettendorf), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Emile Calmes), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou décidéiert.

Éier mer dann zum nächste Punkt…

***(Interruption)***

Jo, Här Huss?

**M. Jean Huss** *(DÉI GRÉNG).*- Ech si frou, datt dat unanimement esou décidéiert ginn ass. Ech hat a menger Ried, do war Dir leider net hei, dofir wollt ech lech dat kuerz widderhuelen…

**M. le Président**.- Ech hunn Är Ried héieren, Här Huss, maacht lech guer keng Suergen, ech kennen Är Interventioun.

**M. Jean Huss** *(DÉI GRÉNG).*- Hutt Dir dann och matkritt, datt ech lech gebieden hunn, datt Dir sollt suergen, datt wa mer e Gesetz hei stëmme wat an déi do Richtung geet, datt mer dat och hei sollen uwennen?

**M. le Président**.- Jo, ech hunn Är Ried ganz héieren, integral, Här Huss, maacht lech guer keng Suergen.

***(Hilarité et interruptions)***

A fir de Rescht ass et de Büro vun der Chamber, deen décidéiert wéi mer an där do Prozedur virginn.

Éier mer elo zum nächste Projet vum Ordre du jour kommen, wëll ech dem Här Wirtschaftsminister, dem Här Krecké d'Wuert ginn, dee wëllt en Dépôt maachen. Här Minister Krecké.

## 3. Dépôt d'un projet de loi

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.*- Här President, et freet mech lech matzedeelen, dass de Grand-Duc mech mat Datum vum 25. Abrëll beoptraagt huet an d'Autorisatioun ginn huet, hei e Projet de loi ze déposéieren, deen heescht, autorisant l'État à fournir une garantie bancaire pour la réalisation et l'exploitation d'un réseau de chaleur urbain.

*- Projet de loi 5471 autorisant l'État à fournir une garantie bancaire pour la réalisation et l'exploitation d'un réseau de chaleur urbain.*

Voilà, Här President.

**M. le Président**.- Ech ginn dem Här Minister Akt vum Dépôt vun deem Projet de loi, deen un déi zoustänneg Chamberskommissioun weidergeleet gëtt.

Dann, Dir Dammen an Dir Hären, komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat heescht zur Diskussioun vum Projet de loi 5432, d'Konventioun iwwert d'Schafung vun enger Agence spatiale européenne. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Bis elo sinn ageschriwwen: den Här Thiel, d'Madame Flesch an den Här Angel. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Oberweis.

## 4. 5432 - Projet de loi portant approbation - de la Convention portant création d'une Agence spatiale européenne, faite à Paris, le 30 mai 1975 - de l'Accord entre les États parties à la Convention portant création d'une Agence spatiale européenne et l'Agence spatiale européenne concernant la protection et l'échange d'informations classifiées, fait à Paris, le 19 août 2002 - de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et l'Agence spatiale européenne relatif à l'adhésion du Grand-Duché de Luxembourg à la Convention portant création de l'Agence spatiale européenne et des clauses et conditions s'y rapportant, fait à Paris, le 6 mai 2004

***Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture***

**M. Marcel Oberweis** *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, et fält mir e bësse schwéier fir lech an de Weltraum matzehuelen, mat deenen terrestresche Problemer, déi mer hei gewenzelt hunn.

***(Hilarité)***

Mir hunn et hei mat engem Projet ze dinn, deen eng Konventioun an zwee Accordë soll ëmsetzen. D'Konventioun befaasst sech mat der Kreatioun vun der europäescher Weltraumagence aus dem Joer 1975. Den éischten Accord behandelt dann d'Protectioun an den Echange vu klassifizéierten Informatiounen aus dem Joer 2002. Den zweeten Accord, deen interessantsten dovunner, ass dee mat der Memberschaft vu Lëtzebuerg bei der europäescher Weltraumagence, der ESA, aus dem Joer 2004.

Wéi ech dee Rapport geschriwwen hunn, hat ech dauernd e Bild viru mer. Ech hat d'Bild viru mer vum 21. Juli 1969. Deemools wor ech Zeie ginn, wéi den Neil Armstrong deen éischte Schrëtt gemaach huet bei der Moundlandung. En huet gesot deemools, op englesch zwar: „Ee klenge Schrëtt fir mech, mä ee gewaltege Schrëtt fir d'Mënschheet."

An esou ee gewaltege Schrëtt mécht och Lëtzebuerg haut, andeem et dann der ESA bäitrëtt.

De Projet selwer ass déposéiert ginn de 17. Januar 2005, den Avis vum Statsrot koum eran den 22. Mäerz, an der Chamberskommissioun ass alles den 14. Abrëll erkläert ginn an an der Sitzung vum 26. Abrëll ass de Rapport eestëmmeg ugeholl ginn.

An hirem Wäissbuch zur europäescher Weltraumnotzung schreift d'Europäesch Kommissioun awer schonn, dass grad déi friddlech Notzung vun den Erkenntnisser aus der Weltraumfuerschung ee qualitative Sprong fir d'Europäesch Unioun duerstellt, an dat op sozialem, technologeschem, wirtschaftlechem Plang.

D'Memberschaft vu Lëtzebuerg bei der ESA gëtt eis also ganz vill Méiglechkeeten, eis elo mat eranzebréngen. Si ass eng logesch Suite vun dem sou genannte Programm ARTES, engem Fuerschungsprogramm fir Telekommunikatioun. Eleng fir dee Projet gëtt Lëtzebuerg an de Joren 2000 bis 2006 zwielef Millioune Euro aus. Mä duerch de Bäitrëtt zur ESA kënnt dann awer den ARTES zu Enn, no der Transitiounsphas vu sechs Joer.

D'europäesch Weltraumagence ass gegrënnt ginn am Joer 1975. Si war e Pendant zur amerikanescher NASA. Wuelverstanen, d'ESA ass friddlechen Zwecker zougewannt, wou d'NASA deelweis och militäresch Zwecker verfollegt.

D'Haaptaufgab ass a bleift kloer, eng Kooperatioun ze maachen tëschent allen europäesche Länner fir d'Notzung vum Weltraum. Lëtzebuerg wäert elo als dat lescht vun de 15 europäesche Länner, no Griechenland, och dësem Club da bäitrieden. Et gëtt eng „task force" geschaaft zwëschent der ESA a Lëtzebuerg, fir ebe während sechs Joer eis drop virzebereeden.

D'ESA selwer ass och eng europäesch Gemeinschaft, well si huet nämlech Zentren an Holland, an Däitschland, an Italien an an der Belsch. Duerch dës Adhésioun kann och Lëtzebuerg dann nach méi staark an d'Telekommunikatioun an an de Satellitteberäich eraklammen. Dat hëlleft eis onsen Deel an enger globaliséierter Welt bäizesteieren; an notamment de Mediaport vu Betzduerf wäert hei e bedeitende Rehaussement erliewen.

Jiddferee weess et och, déi elektronesch Kommunikatioune per Satellit sinn an de leschte Jore ganz staark ausgebaut ginn, notamment am Sënn vun der Wëssensgesellschaft, un déi mir alleguer gleewen. Och doniewent wäert ons Universitéit sech an dësem Gebitt erabréngen, an dat duerch d'Fuerschung an och duerch d'Léier.

Vläicht zwee kleng Projete vun der ESA aus där viller, grousser Serie erausgepickt: Dat ass engersäits den HUBBLE-Projet, mat deem mir lo bal un d'Enn vun eisem Weltraum kënne kucken, an dann déi sou genannt METEOSATellitten an och den ENVISATellit. Engersäits kënne mer d'Wieder kontrolléieren, erofspille loossen, an anerersäits kënne mer Klimadaten ophuelen an eis Ressources naturelles op der Ærd besser gestionnéieren.

An och kënne mer am Speziellen de Kyotoprotokoll iwwerwaachen. An aus deem Projet wiisst erëm een neien eraus, de sou genannte GMES, de Global Monitoring Environment Security Programm.

Wat nun de finanziellen Impakt fir Lëtzebuerg ubelaangt, et ass ee ganz modesten. Mir klammen do era mat engem Adhésiounsbäitrag vun nëmme 700.000 Euro. A well awer d'ESA selwer tëschent obligatoreschen an och fakultative Projeten a Programmen ënnerscheet, bezuele mer nëmme fir déi obligaresch Projeten 0,21% vum Bruttoinlandprodukt, dat sinn 1,2 Millioune, fir am Laf vum Joer bei Projete matzemaachen.

Interessanterweis awer - d'ESA ass éierlech mat ons - huet se de „juste retour", dat heescht si passt op, dass keen, wann ee Geld investéiert doranner, ze vill bezilt. No fënnef Joer gëtt de Kont gemaach an da gëtt zu engem Land gesot: Du hues méi investéiert, elo kanns du dech méi a Projete bedeelegen, fir dass de „juste retour" agehale ka ginn.

90% vun den abezuelte Mëttele fléisse souwisou erëm zréck an d'Industrie européenne, fir eis méi staark an der Weltraumnotzung ze maachen. Mir kréien domat e besseren Zougang zum Wëssen an enger Technologie op engem Marché, wou sech niewent den Amerikaner mëttlerweil och d'Chineesen, d'Japaner an d'Brasilianer breet maachen.

Ee ganz spezielle Punkt wëll ech och dem GALILEO-Projet dann zoumudden. Mir kréien domadder d'Chance, dass mer eis an der zweeter Generatioun vun de sou genannten Telekommunikatiouns- a Satellittennavigatiounsprojete kënne bedeelegen.

D'Europäesch Unioun kritt endlech eng Méiglechkeet sech lasszekapselen vun dem amerikanesche GPS; déi Méiglechkeete kréie mer elo. Interessanterweis awer musse mer 30 Satellitten eropschéissen; 27, déi mer direkt brauchen, dräi an der Reserv. An déi ginn an enger Héicht iwwer Europa getässelt vun 23.000 km. An duerch d'Triangulatioun, duerch d'Spill vun dräi Satellitte kënne mer einwandfräi ons Positioune festleeën.

Interessant gëtt dat op alle Fall fir de Stroosseverkéier, fir de Schëffsverkéier an och zum Beispill fir d'Landwirtschaft. Et kann ee sech virstellen, dass iergendwann eng Kéier de Bauer mat engem Empfänger op sengem Trakter fiert a genee weess, duerch e Piepser: Elo sinn ech um Enn vu mengem Kadasterplang ukomm. Dat kann alles gemaach ginn, wann dee Projet hei duerchgeet.

Am Ganze schätze se 140.000 nei Aarbechtsplazen, eleng an deem Beräich GALILEO. Lëtzebuerg wäert der bestëmmt och dovunner kréien.

Ee leschte Volet awer nach, ee wichtege Punkt war den Avis vum Statsrot. De Statsrot huet gemengt a senger Liesung vun dësem Projet de loi, mir kéinten hei eventuell en Transfert de souveraineté erleiden. Dat wier de Fall gewiescht wa mir duerch d'Adoptioun vum Joresbudget vun dem Conseil vun der ESA all Décisioune missten droen. Dofir wär dann den Artikel 114, Alinéa 2, vun der Verfassung an d'Spill komm. Och de Ministère huet dat an der Chamberskommissioun gesot, war awer enger anerer Meenung, huet awer herno gemengt aus juristesche Grënn an och wéinst den Délaië sollte mer eis awer dem Statsrot sengem Avis da ralliéieren. Soss hätte mer vläicht riskéiert, dass bei deenen éischten Opträg, déi elo vergi ginn, Lëtzebuerger Entreprisen net méi dobäi hätte kënne sinn.

Duerch de Bäitrëtt vu Lëtzebuerg bei d'ESA kënnt et zu enger „added value" op verschiddene Pläng, op dem wëssenschaftlechen, dem technologeschen, dem industriellen an och dem wirtschaftleche Beräich. Grad an der Rumm vun der Lissabonstrategie muss een dëse Schrëtt begréissen, well mer elo einwandfräi op de Wee vun där sou genannter performanter Wëssensgesellschaft higinn.

Mëttlerweil huet sech awer och schonn an eisem Land e Grupp vun dynamesche Mënschen aus der Wirtschaft beieneegesat an eng Plattform gegrënnt, de GLAE. Hir Aufgab a Missioun wäert da sinn, d'Notzung vun der europäescher Weltraumfuerschung nach méi op Lëtzebuerg ze axéieren an domadder och e weideren Ausbau vun eiser dynamescher Wirtschaft erbäizebréngen.

Grad elo brauch Lëtzebuerg Mënsche mat enger Visioun, grad elo wou mer wëssen, dass d'industriellt Standbeen net méi esou fest ass, wou onse Bankeberäich och an enger globaliséierter Welt sech nei muss positionéieren, musse mer nei Weeër goen. An nei Weeër sinn hei mat der ESA de Weltraum mat eranzebréngen op eng friddlech Aart a Weis ze notzen.

Interessanterweis zum Schluss dann: Mir klammen hei an d'ESA eran, an engem Joer, wou mer de 50. Doudesdag feiere vum Albert Einstein. Dee Mënsch, deen eis duerch seng Relativitéitstheorie de Weltraum opgemaach huet. An den 100. vum Jules Verne, dem éischte Visionär, deen a sengem Buch „Vun der Ærd op de Mound" eis déi Saach schonn e bësse virgezeechent huet.

Ech hunn am Ufank gesot: Ee klenge Schrëtt fir de Mënsch, ee gewaltege fir eis Gesellschaft. An ech mengen, och elo dierf Lëtzebuerg no de Stäre gräifen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Merci, Här Rapporteur. Als éischte Riedner hu mer den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Lucien Thiel** *(CSV).*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, dat Gesetz, dat mir elo stëmme sollen, geet - an den Här Marcel Oberweis huet et schonn ugedeit - zimlech wäit iwwert d'Rentabilitéitsconsidératiounen eraus, déi een am Zesummenhank mat enger Memberschaft vu Lëtzebuerg an der europäescher Raumfahrtagence ESA ka maachen.

A sengem grëndleche schréftlechen an net manner interessante mëndleche Rapport huet mäi Kolleeg Marcel Oberweis och schonn op déi gesamtwirtschaftlech Auswierkunge vun der ESA-Memberschaft higewisen. Déi soll een effektiv net ënnerschätzen.

Dofir erlaabt mir dëse Projet an dee méi breede Kontext vun der ekonomescher Entwécklung vun eisem Land ze setzen.

Mir Lëtzebuerger gehéiere jo bekanntlech zu deene räichsten Natioune vun der Welt. Mir sinn zwar net d'Nummer 1, wéi d'OCDE ëmmer behaapt - well déi vergësst jo ëmmer d'Frontaliere mat anzerechnen -, mä mir sinn am Spëtzepeloton. Dat war schonn an der éischter Halschent vum vergaangene Jorhonnert de Fall, wéi mer dee siwentgréisste Stolproduzent vun der Welt waren an domat méi wéi genuch Sue verdéngt hunn, fir eis ekonomesch a vläicht och politesch iwwer Waasser ze halen an eis Eegestaatlechkeet ze behalen.

Duerno si mer déi aachtgréisst Finanzplaz vun der Welt ginn. Gott sei Dank just zur Zäit, fir iwwert déi batter Restrukturéierung vun eiser Stolindustrie ewechzekommen, déi ënner aneren Ëmstänn wuel zu enger nationaler Katastroph gefouert hätt. Vun de 70er Joren un hu mir du ganz bequem vun de Revenuë vun eiser Finanzplaz gelieft, déi lues a lues esou eng Aart Selbstverständlechkeet fir eis ginn ass.

Mir hunn eis ouni weideres un de Gedanke gewinnt, datt den Herrgott e Lëtzebuerger wier, a mir domat fir ëmmer op der gewonnener Säit wieren. Dat huet och méi oder wéineger bis viru kuerzem geklappt. Mä säit enger Zäit trëppele mir mat eise Banken op der Plaz. Ënner anerem och dofir, well eis Noperen eis net méi esou gewäerde loosse wéi fréier. Fir de Moment gesäit et jiddefalls net no enger Neioplo vum Boom vun den 90er Joren aus, wou mer Zouwuessrate bis zu 10% an engem Joer haten.

Derbäi gi mer eis och nach méi bewosst, wéi ofhängeg mir vun deem enge Secteur gi sinn, deen eleng, trotzdeem hien e bëssen ageknéckst ass, nach ëmmer een Drëttel vun eisem Statsbudget finanzéiert.

Do geet et net méi duer mat e bëssen Diversifizéierung hei an e bësse Steieravantagen do, wa mir eis ekonomesch Zukunft op e séchert Fëllement wëlle setzen. Mir mussen eis, ob mer wëllen oder net, no Alternativen ëmkucken, déi dofir suergen, datt mir eis eisen Train de vie weider leeschte kënnen, wann et mol eng Kéier méi lues mat eiser Finanzplaz goe sollt. Ofgesinn dovu wier et och e méi berouegend Gefill, wa mir net méi esou ofhängeg wiere vun engem eenzelne Wirtschaftssecteur, wéi mir et am Moment vun der Finanzplaz sinn.

Elo kann een awer net esou einfach en neie Wirtschaftscréneau aus dem Zylinder zauberen. Esou eppes kritt een - wann iwwerhaapt - nëmmen a laanger an haarder Klengaarbecht zustanen. Ongefëier sou wéi wann een e grousse risege Puzzel géif zesummebastelen. Mir hu jo scho méi där Uleef geholl, fir eis Ekonomie ze diversifizéieren a wann een dovunner voll